- 1. Plaz Yonex Master 6 Junglinster, mixed class D mam Laure Guyot
- An der Final Yonex Master 1 Bettembourg class D mam Felix Loos
- An der Final Yonex Master 1 Bettembourg class D mam Laure Guyot
- Verschidden Tournoi'en an Irland gewonn
-



# Judo

**Volodymyr Medvediev – gebuer 2013**



- nationale Champion
- 1. Plaz – 28th Lalux Judo Open Dudelange
- 2. Plaz – Challenge de la Ville de Differdange U15
- 1. Plaz – Challenge de la Ville de Differdange
- *(17 weider Podiumsplazen am Ausland, dorënner Champion du Grand-Est a Frankräich)*

**Oleksandra Medevedieva – gebuer 2016**



- 1. Plaz zu Wëntger
- 1. Plaz Championnat du Luxembourg – Luxembourg Talent Cup
- *(7 weider Podiumsplazen am Ausland)*



**Sviatoslav Medvediev – gebuer 2018**

- 1. Plaz zu Wëntger
- *(3 weider Podiumsplazen am Ausland)*

# Weekend vum Wëlle Westen 2026



Den 28. Juni 2026 huet déi 5. Editioun vum Weekend vum Wëlle Westen am Musée Thillenvogtei zu Randschelt stattfonnt an huet vill Visiteuren op dësen besonneschen touristesche Site gelackelt. Organiséiert vum Service Tourisme a Service Vivre Ensemble vum Kanton Réiden, huet dëst Fest nees gewisen, wéi vill de Wëlle Westen ze bidden huet.

Ee groussen Highlight war déi offiziell Ouverture vum neie Gîte Randschelt, deen no enger Renovatioun seng Dieren opgemaach huet. Vill interesséiert Gäscht hunn d'Geleeënheet genotzt, d'Gebai bei enger Porte ouverte ze besichen an dës nei touristescht Offer aus der Regioun kennenzeléieren.

De ganze Site war den Dag iwwer mat Liewe gefëllt: touristesch Partner, Veräiner an Aussteller hunn hir Offere presentéiert an de Visiteuren Ablécker an d'Villfalt vum Wëlle Westen ginn. Grouss a Kleng konnten un Atelieren deelhuelen, de Musée entdecken a bei de gratis Kanneranimatioune matmaachen. Och kulinaresch war fir all Goût eppes dobäi.

Fir eng flott Ambiance hunn och déi musikalesch Optrëtter vun der Musikschoul Kanton Réiden, Les Gavroches a Powerblech gesuergt.

E grousse Merci geet un all eis touristesch Partner, Veräiner, Benevollen, Kënschtler, Gemengen an Aussteller, déi mat hirem Asaz zum Erfolleg vun dëser Editioun bäigedroen hunn. Natierlech wëlle mir eis och bei all de Visiteure bedanken, déi dësen Dag mat eis verbruecht hunn.

Mir freeën eis op d'nächst Joer!

*Text: Tourist Info Wëlle Westen*
*Fotoen: Caroline Roemen*













# Aweiung vum Gîte zu Randschelt



De neien Gîte vun der Gemeng Groussbus-Wal ass de Sonndeg, 28. Juni 2026, zu Randschelt ageweit ginn.

Dat aalt Paschtoueschhaus vu Randschelt, dat zanter Joren eidel stoung, gouf fir seng nei Notzung als Gîte amenagéiert a kann elo Reesender a senge Raimlechkeete begréissen. Dëst aussergewéinlecht Vakanzenhaus am klengsten Duerf vu Lëtzebuerg kann dat ganzt Joer iwwer bis zu aacht Persounen empfänken.

Fir d'Mise en conformité souwéi d'Ariichtung an d'Miwwléierung vum Gîte gouf den Architektebüro „Anouck Pesch Architecte sàrl" mat der Planung an Ëmsetzung beoptragt. De Gîte gehéiert der Gemeng Groussbus-Wal, wärend d'Gestioun der Firma „Simpleviu" uvertraut gouf, engem Betrib mat zolitter Erfarung an dësem Beräich. Mat sengem Fokus op aussergewéinlech Ënnerkonften ass dëse Bedreiwer den ideale Partner, fir de Gäscht eng qualitativ héichwäerteg Betreiung ze garantéieren.

A Punkto Infrastruktur fënnt een um Rez-de-chaussée vum Haus zwou Stuffen, dovunner eng mat enger flotter Wandfresk, déi dem Gîte säin aussergewéinleche Charakter ënnersträicht, eng voll ausgerüste Kichen, mat ugrenzendem Iesszëmmer an eng Toilette. Um éischte Stack si véier Schlofkummere mat Duebelbetter an zwee Stapelbetter. Eng Dusch mat Toilette souwéi e Büro komplettéieren dëse Stack. De Späicher gouf zu engem groussen Openthaltsraum ëmgebaut, mat Sauna, Dusch an Toilette.

Ouni ze vergiessen, d'Terrass mat Vue op de Park vu Randschelt a seng Kierch. Eenzegaarteg a jiddwer Hisiicht, bitt dëst onbewunnten Duerf vill Iwwerraschunge mat sengem Musée Thillenvogtei a sengem klenge Bistro ("De klenge Randschelter Bistro"). Donieft gëtt et och een thematesche Wee, deen der Meditatioun gewidmet ass („Randschleider Pad").

Zanter Mëtt Juli 2026 ass de Gîte fir de Public op. All praktesch Informatioune fënnt een ënnert www.simpleviu.com.

*Fotoen & Text: Gemeng Groussbus-Wal*







## E puer Andréck vun der Aweiung


A Plaz vum traditionelle Band deen op sou Occasioune geschnidde gëtt, huet de Schäfferot vun der Gemeng Groussbus-Wal am Virfeld  Moies ee Seel gedréint.

D'Seel gouf ënnert der Leedung vum André Kirsch aus dem Musée Thillenvogtei unhand vun dräi Ficellen (rout-wäiss-blo) gedréint.

Eng originell Iddi an e flotten Abléck op d'Aktivitéiten, déi am Musée zu Randschelt ugebuede ginn.















## De Gîte vu bannen













# Fotoréckbleck aus de leschte Méint

## Tréppeltour mam Naturpakt Team Groussbus-Wal

*Fotoen: Michèle Ensch*











## Concert vun „L’Estro Armonico“ zu Randschelt am Park

*Fotoen: Marie-Anne Kohl-Gremling*






## Nordic Walking Cours

*Fotoen: Jennifer Bodevin*








# Aktioun gielt Band

Bei der Aktioun Gielt Band ginn Uebstbeem, déi Friichten droen an net fir de Verkaf gepléckt ginn, mat engem giele Band markéiert. Dëst Band bedeit, datt jidderee sech do gratis Uebst fir den eegene Gebrauch huele kann. D'Zil vun der Aktioun ass et, Liewensmëttel net verkommen ze loossen a gläichzäiteg de Wäert vun natierleche Ressourcen ze schätzen.

Op follgende Kaarte gesäit ee wou déi markéiert Uerbstbeem bei eis an der Gemeng stinn:



















AKTIOUN
GIELT BAND
HEI DIERFT DIR PLÉCKEN!
D'"Gielt Band" ass eng Aktioun vum Ministère fir Landwirtschaft, Wäibau a ländlech Entwécklung an dem Syvicol. **Ass een Uebstbam mat engem giele Band markéiert, dann ass d'Plécke fir den eegene Bedarf erlaabt,** jo esouguer erwënscht. An dat gratis. Zil ass et vun deene villen ongenotzten Uebstbeem ze profitéieren an sech ze zerwéieren.
Mir sinn Antigaspi an Dir? **Zesumme géint d'Liewensmëttelverschwendung!**
Zerwéiert Iech!
Anti gaspi
antigaspi.lu
SYVICOL
Syndicat des Villes et Communes Luxembourgeoises
LE GOUVERNEMENT DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural

# Seltene Lebensräume wiederherstellen

## Die Calluna-Heide



Calluna-Heiden sind ein europaweit geschützter Lebensraumtyp und zeichnen sich durch das Vorkommen des namensgebenden Heidekrauts, Calluna vulgaris, aus. Sie sind niedrigwüchsig und bestehen überwiegend aus den kleinen Heidesträuchern, die sich zur Blütezeit im August in ein hellviolettes Blütenmeer verwandeln. Nicht nur hinsichtlich der Pflanzenwelt sind Heiden eine Besonderheit. Auch viele Tierarten, darunter gefährdete Vogelarten wie die Heidelerche, nutzen diesen Lebensraum.



In Luxemburg gibt es nur noch wenige Restbestände von Heiden, um die es nicht gut steht. Daher setzt sich das Naturschutzsyndikat SICONA zum einen für die geeignete Pflege bestehender Heiden innerhalb der Mitgliedsgemeinden und zum anderen für die Wiederherstellung auf geeigneten Flächen ein, wie auch Op der Neiwiss in der Gemeinde Groussbus-Wal.

Um den noch verbliebenen kleinen Bestand der Calluna-Heide zu erhalten und ihn auszuweiten, hat SICONA in Zusammenarbeit mit dem Flächeneigentümer der Fondation Hëllef fir d'Natur 2023 auf ca. 50 Ar einen vom Borkenkäfer befallenen Fichtenbestand gefällt und die Fläche geplaggt. Beim Plaggen wird die oberste Bodenschicht, in der auch viele Nährstoffe enthalten sind, abgetragen, um optimale Keimbedingungen für das Heidekraut zu schaffen. Daraufhin wurde samenhaltiges Heidematerial von einer anderen bestehenden Heidefläche ausgebracht. Ziel dieser Maßnahme ist die Wiederherstellung des gefährdeten Lebensraumtyps Heide. Da die Entwicklung der Heide-Pflanzen aufgrund ihres langsamen Wachstums einige Jahre in Anspruch nimmt, wollen wir prüfen, wie gut sie hier Fuß fassen konnten.



Der Nationale Naturschutzplan ebenso wie die Nature Restoration Regulation sieht die Erhaltung sowie die Verbesserung und die Wiederherstellung von Calluna-Heiden vor, sodass SICONA auch in Zukunft weitere Renaturierungen mit der Unterstützung seiner Mitgliedsgemeinden und des Umweltministeriums umsetzen wird.

*Fotoen & Text: Naturschutzsyndikat SICONA*









# Bicherbox Wëlle Westen



Zu Groussbus beim Busarrêt „Kiircheplaz“ fann dir d’Bicherbox Wëlle Westen.

Am Kader vum LEADER Wëlle Westen Umbrella-Projet „Bicherboxen“ ass ee Flyer erstallt ginn. Dësen déngt dozou Iech dës Informatioune matzedeelen iwwer:

• d’Standuerter vun alle Boxen aus der Regioun „Wëlle Westen“,
• d’Reegele fir d'Notze vun de Bicherboxen,
• d’Kontaktméiglechkeeten,
• d’QR-Code, mat deem dir Accès op déi Däitsch, Franséisch an Englesch Versioun vum Flyer hutt an och d'Standuerter nach eng Kéier gewise kritt.


E puer wichteg Hiweiser:

• Keng al oder futtis Bicher! Bréngt wgl. Bicher déi nach an engem gudden Zoustand sinn, déi och nach anere Léit eng Freed maachen,
• Bicher fir Jonk an Al! Mir freeën eis iwwert eng vilfälteg Auswiel u Bicher fir all Alter an all Interessi,
• Wgl. keng Bicher op de Regaler/um Buedem stapelen! Wann d’Regaler voll sinn, da waart wgl. bis nees Platz fräi ass.

Mir soen Iech am Virfeld Merci fir är Mathëllef, fir dass d’Bicherbox eng Plaz bleift, wou ee senge Bicher een 2. Liewe ka ginn.

*Fotoen & Text: Gemeng Groussbus-Wal*






# Chantiersrubrik


## Chantier neit Gemengenhaus

Aktuell sinn d'Aarbechte vun der Façade am gaangen an d'Bannenandeelung gëtt opgeriicht. Deemnächst fänkt den Elektriker an den Installateur Sanitaire un. D'Aarbechte gi plangméisseg virun.

*Fotoen & Text: Gemeng Groussbus-Wal*









# Windmobile um Campus Schlassgaart

De Mëttwoch, den 10. Juni 2026, haten d'Schülerinnen a Schüler vum Campus Schlassgaart d'Geleeënheet, de ganzen Dag un den Ateliere vum Projet **Windmobile** deelzehuelen. De Projet, deen 2005 um Lycée Technique d'Ettelbruck an d'Liewe geruff gouf, huet sech zum Zil gesat, Kanner a Jugendlecher op eng praktesch a spilleresch Aart fir erneierbar Energien, Energieeffizienz an Nohaltegkeet ze sensibiliséieren.
Ob beim Experimentéiere mat verschiddene Wandrieder, um Stroumvëlo oder bei weidere spannenden Aktivitéiten – iwwerall gouf mat vill Interessi nogefrot, ausprobéiert a geléiert. D'Kanner konnten op eng uspriechend Manéier entdecken, wéi Wandenergie funktionéiert a wéi wichteg en nohaltegen Ëmgang mat eise Ressourcen ass.

Et war en ofwiesslungsräichen a léierräichen Dag, deen de Schülerinnen a Schüler sécher nach laang an Erënnerung bleift. E grousse Merci geet un d'Equipe vum Windmobile fir hiren Asaz, hir flott Animatioun an déi exzellent Organisatioun.
Weider Informatiounen zu dësem flotte Projet fënnt een op www.windmobile.lu.

*Fotoen & Text: Gaby Mack*












# Coupe scolaire 2026 zu Groussbus



Den 19. Juni 2026 hunn d'Schülerinnen a Schüler aus dem Cycle 4 vum Campus Schlassgaart aus der Gemeng Groussbus-Wal un der Coupe scolaire deelgeholl. Bei herrlechem Summerwieder an héijen Temperaturen hunn all d'Kanner mat vill Motivatioun a Konzentratioun gewisen, wat si an de leschte Woche geléiert hunn. D'Virbereedung op d'Coupe war gréndlech: Am Cours gouf d'Theorie vum Verkéier behandelt, d'Streck gouf zesummen ofgaangen an am Verkéiersgaart zu Housen konnten d'Kanner hiert praktescht Fuere weider perfektionéieren. Donieft gouf och vill dobaussen um Vëlo geüübt, fir sech sécher am Stroosseverkéier ze beweegen.

Dank hirem Asaz an der gudder Virbereedung hunn all d'Schülerinnen a Schüler d'Aufgabe mat Bravour gemeeschtert. D'Organisatioun ass reiwungslos verlaf – e grousse Merci geet un all déi Bedeelegt, déi mat hirem Engagement zum Erfolleg vun dësem flotten Dag bäigedroen hunn.

Mir gratuléieren all de Kanner zu hirer Leeschtung a wënschen hinnen och weiderhin allzäit eng gutt a virun allem sécher Faart mam Vëlo!

*Fotoen & Text: Gaby Mack*







# First Lego League 2026



Dëst Schouljoer huet de Cycle 4 fir déi zweete Kéier bäi der Lego League matgemaach. Thema vun dëser Editioun war « Unearthed » („Ausgegruewen“).

Bäi der Lego League geet et engersäits drëm ee Lego-Roboter esou ze programméieren, datt hien an 2 Minutten an 30 Sekonnen sou vill wéi méiglech Aufgabe meeschtert an anersäits geet et drëm, ee Fuerschungsprojet ze lancéieren. Beim Fuerschungsprojet hunn d'Kanner sech an d'Haut vun den Archeologe versat a selwer Géigestänn um Schoulsite agebuddelt.

E puer Méint drop, hunn eis jonk Archeologen dës Objeten nees ausgegruewen. Verschidde Saachen hu mir net méi rëmfonnt, duerfir hu mir awer Objeten entdeckt, déi mir guer net vergruewen haten. Opgrond vun der Erfarung, hunn d'Kanner dunn eegestänneg ee Roboter den „ArcheRo“ entwéckelt a selwer gebaut.

Dësen „vollautomateschen“ Ausgruewungsroboter huet dunn um groussen Dag vun der Lego League um Geesseknäppchen och de Präis vum „Gallery Walk“ gewonnen. E puer Woche méi spéit kruten eis Legosfuerscher och nach een zweete Präis op der Schoulfoire iwwerreecht. D'Groussbuusser ArcheRo-Gang gouf als beschten Newcomer 2026 gefeiert. Dësen Exploit war souwuel fir d'Kanner, wéi och fir déi zwee Team-Coache Jeff Betzen a Sven Migy eng immens Satisfaktioun an eng Belounung fir déi méintelaang Aarbecht wärend de Mëttesstonnen.

Als Ofschloss huet d'ArcheRo-Gang nach d'Firma R3ROBOTICS zu Foetz besicht. Dës lëtzebuergesch Start-Up-Firma huet sech drop spezialiséiert, Autosbatterië vun Elektroautoen ze recycléieren. Si hunn ee Roboter entwéckelt a programméiert, deen autonom Autosbatterië vun de verschiddenste Marken auserneeschrauwt an zerdeelt.

*Fotoen & Text: Sven Migy*



















Aus Sécherheetsgrënn huet d'Gemeng Groussbus-Wal decidéiert, **all E-Scooter an elektresch Trottinett um ganze Campus Nei Brasilien ze verbidden**. Mir wieren dankbar, wa jiddereen dës Moossnam respektéiere kéint fir ee séchert an agreabelt Ëmfeld ze garantéieren.

Afin de garantir la sécurité de tous les usagers, la Commune de Groussbus-Wal a décidé **d'interdire la circulation de tout véhicule de type e-scooter et trottinette électrique sur l'ensemble de l'enceinte du Campus Nei Brasilien**. Nous remercions chacun de respecter cette mesure et de contribuer ainsi à un environnement sûr et agréable pour tous.



# Colonie 2026 zu Paräis

Dëst Schouljoer huet de Cycle 4.2 seng Kolonie zu Paräis verbruecht. Fir dës Rees méiglech ze maachen, hunn d'Schülerinnen an d'Schüler iwwer zwee Joer um Randschelter Chrëschtmaart Sue gesammelt. Donieft gouf wärend engem hallwe Joer all Dënschdeg an Donneschdeg an der Schoul Kuch verkaaft. Esou ass eng schéin Zomm zesummekomm, déi gemeinsam mam Koloniesbudget d'Finanzéierung vun dësem flotte Projet erlaabt huet.



Den 8. Juli ass eis Rees schonn ëm 5:30 Auer moies mam Bus lass gaang. Vun der Stad aus hu mir den TGV op Metz geholl, ier et no engem Ëmklamme weider op Paräis gaangen ass. No eiser Arrivée op der Gare de l'Est hu mir d'Gepäck ofginn an eis direkt mat der Metro op d'Île de la Cité gemaach. Do stoung als éischt d'Besichtegung vun der imposanter Cathédrale Notre-Dame um Programm. Mëttes hu mir am Restaurant „Au Vieux Châtelet" e leckert Iesse genoss. Gestäerkt hu mir eis duerno op de Wee bei de Louvre gemaach, deen mir vu bausse bewonnert hunn. E gemittleche Spadséiergang duerch de „Jardin des Tuileries" huet eis bis op d'Place de la Concorde gefouert. Vun do aus si mir iwwer d'Champs-Élysées laanscht de Renault-Store bis bei den Arc de Triomphe gaangen. Zum Ofschloss vum éischten Dag huet d'Metro eis an den Hotel bruecht, wou eis d'Valissen an d`Owendiessen schonn erwaart hunn.



Och den zweeten Dag huet fréi ugefaangen, well mir schonn um 9:00 Auer e Rendez-vous am „Musée du Parfum" haten. Kuerz drop stoung d'Besichtegung vum prachtvolle „Palais Garnier Opéra" um Programm – en Androck, dee sécher laang a gudder Erënnerung bleift. D'Mëttegiessen hu mir an der „Boulangerie La Castellane" ageholl, wou Baguetten, Éclairen, Macaronen, Cookies a Brownies op eis gewaart hunn. Dono hu mir d'Metro bis bei de Pont de l'Alma geholl. Vun do aus si mir mat de berühmte „Bateaux Mouches" iwwer d'Seine gefuer. Wärend annerhallwer Stonn konnte mir déi schéinste Sehenswürdegkeete vu Paräis vum Waasser aus entdecken an dobäi dat herrlecht Summerwieder genéissen. Den Dag ass mat engem gemittlechen Owendiessen am Restaurant „Le Liberté" ausgeklongen.

Um drëtten an leschten Dag si mir moies mam Metro bis op den Trocadéro gefuer. Vun do aus hate mir eng impressionant Vue op den Eiffeltuerm. Net vill méi spéit si mir mam Lift bis op den zweete Stack gefuer, vu wou aus sech eis eng atemberaubend Vue iwwer d'Haaptstad gebueden huet. Esouguer déi Kanner, déi eigentlech Héichtenangscht haten, hunn hire Courage bewisen an och den éischten an zweete Stack entdeckt. Wéi sech den Honger gemellt huet, hu mir am Restaurant „Bailli" eng Mëttespaus ageluecht.

Nom Iesse si mir lues a lues nees a Richtung Hotel zeréckgaangen. Ënnerwee war nach genuch Zäit, fir op enger Terrass eng Glace ze genéissen. Géint 20:00 Auer hu mir mat eisem TGV d'Heemrees ugetrueden, an zu Miersch konnten d'Elteren hir Kanner glécklech op der Gare erëm begréissen.

Dës Kolonie wäert eis all nach laang a schéiner Erënnerung bleiwen. Mir si ganz dankbar, datt d'Rees esou harmonesch an ouni Problemer verlaf ass. E grousse Merci geet un d'Christiane Thill an d'Tessy Goelff, déi zesumme mat eis – Jeff Betzen a Sven Migy – dës flott Erfarung méiglech gemaach an d'Kanner mat vill Engagement, Gedold an Empathie duerch déi dräi Deeg begleet hunn.

*Fotoen & Text: Sven Migy*









# Wenn Schule und Maison Relais gemeinsam Kirmes feiern

Am 13. Juli 2026 wurde der Campus Nei Brasilien zum Rummelplatz. Unter dem Motto „Kirmes – Ein Tag auf dem Rummel“ feierten die Kinder der Cycle 1 bis 4 der Gemeinde Groussbus-Wal gemeinsam mit ihren Lehrerinnen und Lehrern sowie ihren Erzieherinnen und Erziehern ein fröhliches Schul- und Maison Relais -Fest. Der Tag stand ganz im Zeichen von Gemeinschaft, Bewegung und unvergesslichen Erlebnissen.



Das Sommerfest wurde in enger Zusammenarbeit von der Grundschule Campus Schlassgaart, der Grundschule Campus Nei Brasilien, der Maison Relais Groussbus-Wal, der Elternvereinigung, den Elternvertretern sowie der Gemeinde Groussbus-Wal organisiert. Ziel war es, den Kindern einen besonderen Abschluss des Schuljahres zu bereiten und gleichzeitig die enge Zusammenarbeit aller Beteiligten sichtbar und erlebbar zu machen.

An zahlreichen liebevoll gestalteten Stationen konnten die Kinder ihre Geschicklichkeit, Kreativität und ihren Teamgeist unter Beweis stellen. Ob beim Dosenwerfen, Entenangeln, Tauziehen oder bei einer mitreißenden Zumbaeinheit, überall standen Freude, Bewegung und gemeinsames Erleben im Mittelpunkt.

Neben dem Spaß verfolgte das Sommerfest auch wichtige pädagogische Ziele. Spielerisch wurden die motorischen Fähigkeiten, die Koordination und die Konzentration der Kinder gefördert. Teamspiele wie das Tauziehen stärkten den Zusammenhalt, die Kommunikationsfähigkeit und das gegenseitige Vertrauen. Gleichzeitig bot der Tag den Kindern die Möglichkeit, die Gemeinschaft zwischen Schule und Maison Relais außerhalb des gewohnten Alltags zu erleben und soziale Kompetenzen wie Fairness, Rücksichtnahme und Zusammenarbeit weiterzuentwickeln.



Ein besonderer Dank gilt den zahlreichen Kooperationspartnern, die mit großem Engagement zum Gelingen des Festes beigetragen haben. „Zumba mam Momo“ sorgte mit schwungvollen Tanzeinheiten für Begeisterung und Bewegung. Clown Joe Del Toe brachte die Kinder mit seinem abwechslungsreichen Programm zum Staunen und Lachen. Der Maverick Line Dance lud zum gemeinsamen Tanzen ein, das Musée Thillenvogtei begeisterte mit spannenden Einblicken in die Geschichte der Region, Kim Folschette „mat Coding a Musik Groussbus-Wal“ sorgte für die passende musikalische Atmosphäre.

Das Sommerfest machte einmal mehr deutlich, wie wertvoll die Zusammenarbeit zwischen Schule, Maison Relais, Elternvertretungen, Gemeinde und lokalen Kooperationspartnern ist. Gemeinsam wurde ein Tag geschaffen, an dem Lernen, Bewegung und Gemeinschaft auf besondere Weise miteinander verbunden wurden, ein gelungener Abschluss des Schuljahres, der den Kindern noch lange in Erinnerung bleiben wird.

*Murielle Germany, Chargée de direction Maison Relais Groussbus-Wal*












KYLIAN


MARIE















# Wat ass lass?

## September

*18* Aweiung nei Extensioun vum Schoulgebai Campus Schlassgaart

*19* Kleedersammung, Jeunesse Grosbous & Club Nei Brasilien

*20* Bike4All Dellen

*26* Hämmelsmarsch zu Kéiber, Groussbus-Waler Musek

## Oktober

*03* 10-Joer Feier, Jeuness Grosbous

*09* Erënnerungsdag, Frënn vu Patrimoine an Traditiounen Asbl

*10* Nei Brasilien in Concert, Groussbus-Waler Musek

*11* Commemoratiounsdag

*18* Concert vum Guy Schons zu Randschelt, Aktiounsschmëtt & Kommissioun vum Zesummeliewen

*25* Kannerhalloweensparty, Elterevereenegung Groussbus-Dellen

*25* Hämmelsmarsch zu Bëschrued, Groussbus-Waler Musek

*31* Kiermesstaminée, Deller Amicale / Hämmelsmarsch zu Dellen, Groussbus-Waler Musek

## November

*01* Allerhellegen

*07* Randschelter Kiermesbal, Musée Thillenvogtei Asbl

*08* Kniddelsfest zu Groussbus, Jeunesse Grosbous

*08* Hämmelsmarsch zu Randschelt/ Brattert, Groussbus-Waler Musek


*21* Theater, Dammenturnveräin

*22* Theater, Dammenturnveräin

*27* Theater, Dammenturnveräin

*28* Theater, Dammenturnveräin

*29* Adventsmaart zu Gréiwels, FC Excelsior Grevels



## Dezember



*05* Adventsmaart zu Randschelt, Aktiounsschmëtt

*06* Niklosdag

*10* UGDA Regionalversammlung, Groussbus-Waler Musek

*12* Wanterconcert, Groussbus-Waler Musek

*24* Hellegowend

*25* Chrëschtdag

*26* Stiefesdag

*31* Sylvester

Jeunesse Grosbous

GROUSSBUS-WAL

Club Nei Brasilien

# KLEEDERSAMMLUNG

## SAMSDES, DEN 19. SEPTEMBER 2026

**BËSCHRUED, BRATTERT, DELLEN, GRÉIWELS, GROUSSBUS, HEESCHPELT, KÉIBER, LÉIER, RANDSCHELT A WAL**

STELLT WGL. ÄR PROPPER A GUTT ZOUGEMAACHTEN TUTEN
DEN DAG SELWER VIRUN 08:00 AUER OP DEN TROTTOIR.
D'JEUNESSE SAMMELEN D'TUTEN AM LAF VUM DAG AN.

## MATGEHOLL GINN:

- nach drobar a propper Kleedung,
- Schong (zesummegebonnen als Puer)
- an aner Textilie wéi Dëschdecken, Bettgezei, Haushaltswäsch, Strëmp, Rimmer asw




KlimaPakt NaturPakt



# HUES DU LOSCHT MUSEK ZE MAACHEN ?

Zesumme Musek maachen
Nei Kollegen treffen
Spaass an enger flotter Grupp hunn

# PORTE OUVERTE

## JUGENDORCHESTER

### Groussbus-Waler Musek

NEW DATE

📅 19. September 2026
🕘 10 Auer
📍 Bëschrued am Musiksall

Eng kuerz Prouf & Kenneléiere
fir Kanner, déi schonn mindestens
1 Joer en Instrument spillen.

➡️ Mell dech un :
📞 Ann Gengler : 661 205 082
✉️ info@gwm.lu

www.gwm.lu

GWM
Groussbus-Waler Musek
1856 1910 2022

CIS GREVELS

# MEET
# & GREET

Komm laanschte beim **CIS Grevels** a léier eist Team, eist Material an eise Fuhrpark kennen … an entdeckt wat sech hannert dem CIS Gréiwels verstoppt.

03
OKT.

## SAMSCHDEG, 3. OKTOBER

09:00 – 12:00 Auer
Pompjeesbau CIS Grevels
1, Waler Strooss · L-8818 Gréiwels



Ob Grouss oder Kleng — bei eisem Meet & Greet sinn all Interesséiert häerzlech wëllkomm. Kommt laanschte, stellt Froen an entdeckt wat sech hannert dem CIS Gréiwels verstoppt.

### PROGRAMM

**01 ASAZGEFIERER**
Entdeckt eis Asazgefierer an d'Ausrüstung, déi bei engem Asaz gebraucht gëtt.

**02 D'EQUIPE KENNENLÉIEREN**
Eist Team stellt sech vir a beäntwert Är Froen iwwer den Alldag als fräiwëlleg Pompjee.

**03 JUGENDPOMPJEEËN**
Info fir Jonker a Elteren iwwer d'Méiglechkeet, bei der Jugendpompjeeën matzemaachen.



**VIRWËTZEG?** Kommt bei eis laanscht, informéiert Iech a léiert de CIS Gréiwels besser kennen – mir freeën eis op Äre Besuch!

cis.grevels.lu
Facebook: @CISGrevels

# SAVE THE DATES

D'Jeunesse Grosbous invitéiert iech op hiert

## Kniddel-FEST

DEN 08. NOVEMBER AM FESTSALL

AB 12 H 00

# HAPPY 10TH BIRTHDAY

D'JEUNESSE GROSBOUS KRTT 10 JOER A WËLL MAT IECH FEIEREN

## 03. OKTOBER

BEIM NEIE CLUBSALL (KLENGE PROMMENHAFF)


NEI BRASILIEN
IN CONCERT
10. OKTOBER 2026
19:00 Jugend Orchester GWM
19:30 Groussbus-Waler Musek
20:20 Société Musicale Wincrange
21:20 Fanfare Holtz
Zu Gréiwels am
Centre Nei Brasilien
GWM
www.gwm.lu

Frënn vu Patrimoine an Traditiounen A.s.b.l. N° RCS: F13293

# Commemoratiounsdag 2026 an der Gemeng Groussbus-Wal

GROUSSBUS-WAL

Vu 1940 bis 1944 war Lëtzebuerg ënner der Naziherrschaft. Vill Leit, och aus eiser Gemeng, waren a Prisongen, KZer oder Gefaangenelageren inhaftéiert. Um „Commemoratiounsdag" denke mir un si.

## Freides, de 9. Oktober 2026 um 19.30 Auer

invitéieren „d'Frënn vu Patrimoine an Traditiounen"
**an de Festsall zu Wal op ee Virtrag zum Thema:**

## - Leit aus eiser Gemeng a Prisongen, KZer oder Gefaangenelagere wärend dem Zweete Weltkrich -



**Un Hand vun enger Diaprojektioun probéiere mir d'Schicksal vun alle Betraffenen ze weisen.**

Ausserdeem weise mir ee Videoreportage vun enger Gedenkrees am Joer 2014 vu Leit aus der Gemeng Wal op Tambow.

*Op dësem Bild, vum Jeanny Mootz, erkennt ee wéi Famill a Frënn vun der „Corniche" aus no hire Leit am Prisong gekuckt hunn.*

**Zum Schluss offréiert d'Gemeng ee Patt**

## Sonndes, den 11. Oktober gëtt deen offizielle Commemoratiounsdag an der Gemeng Groussbus-Wal gefeiert

### 10.45 Auer Mass zu Wal

- Duerno Néierleeë vu Blumme beim Monument a Ried vum Buergermeeschter

**Uschléissend Éierewäin**

Op der Schock

# AFTERWORK
## & Late Night Shopping

**DONNESCHDEG**
**15. OKTOBER 2026**
**16:00-21:00 Auer**

### COCKTAIL BAR
Kreatiivt Gedrénks · Waarm & Kal

### HIERSCHT VERKAF
bis 20:00 Auer

### GROUSS TOMBOLA
all Lous gewënnt!

### FOOD CORNER
Gulaschzopp . Kürbiszopp
Gromperekichelcher . Paangech

OP DER SCHOCK 34A RUE DE REICHLANGE L-8508 REDANGE / ATTERT





GROUSSBUS·WAL

Zësumme liewen
GEMENGEPAKT

AKTIOUNSSCHMËTT





# GUY SCHONS:

# "KOMM, MÄI LÉIFSTEN!"

## CONCERT – 18.10.2026

## KIERCH RANDSCHELT

## 17:00 AUER

**Entrée: 10 €**

20358 - 100

**Umeldung bis den 12.10.2026**

umeldung@g-w.lu

KlimaPakt EUROPEAN ENERGY AWARD
Meng Gemeng engagéiert sech fir d'Klima

NaturPakt
Meng Gemeng engagéiert sech fir d'Natur

## PENSIOUN - FREED ODER ANGSCHT / LA RETRAITE - JOIE OU ANGOISSE

Zwee nach jonk, awer scho „profi" Pensionairen, erzielen iwwer hir Erfahrungen.
*Deux retraités encore jeunes, mais déjà „expérimentés", vous parlent de leur vécu.*
**Mo/Lu, 05.10., 19h00-20h30**
**Tarif :** gratuit
**Bis spätestens den 28. September einschreiben!**
***Inscrivez-vous au plus tard le 28 septembre!***



## GESUNDHEITSWOCHE / SEMAINE DE LA SANTÉ

**Vom 12. bis den 23. Oktober /**
***du 12 au 23 octobre***
Herzlich willkommen zur 4. Auflage unserer Gesundheitswoche.
*Soyez les bienvenus à notre 4e édition de notre semaine de la santé.*
**Osteopatie & Physiotherapie /**
***Ostéopathie & Kinésitherapie***
**Mo/Lu, 12.10., 17h00-19h00**
**Gaume Spirulina / *Spiruline de Gaume***
**Do/Je, 15.10., 10h00**
**Klangreise mit tibetischen Schalen /**
***voyage sonore avec bols tibetains***
**Fr/Ve, 16.10., 14h00-16h00**
**Darmgesundheit ab 50 / *la santée intestinale à partir de 50 ans***
**Di/Ma, 20.10., 17h00-19h00**
**Ätherische Öle und ihre Anwendung /**
***Huiles essentielles et leur utilisation***
**Mi/Me, 21.10., 17h00-19h00**
**E-bike Erliefnis / *expérience E-bike***
**Tarif :** 25€
**Do/Je, 21.10., 9h30 - 13h00**

## NUDDELWORKSHOP / ATELIER DES PÂTES

In diesem workshop bereiten wir gemeinsam den Nudelteig zu und verwandeln ihn in verschiedene köstliche Gerichte, die wir anschliessend in geselliger Runde geniessen.
*Dans cet atelier nous préparerons ensmble de la pâte à nouilles et la transformons en divers plats succulents que nous dégustons ensuite dans une ambiance conviviale.*
**Mo/Lu, 19.10., 9h00 - 15h00**
**Tarif :** 15€ (Essen und Getränke / repas et boissons)
**Bis spätestens den 09. Oktober einschreiben!**
***Inscrivez-vous au plus tard le 09 octobre!***

## COURS DE PHOTOGRAPHIE POUR DÉBUTANTS

Im Laufe der Kurse werden wir die wesentlichen Grundlagen der Fotografie behandeln.
*Au fil des séances, nous aborderons les notions essentielles de la photographie.*
**Mo/Lu, 28.09 / 05.10 / 12.10 / 19.10 / 09.11 / 16.11 / 23.11 / 30.11 & 07.12**
*28.09. ist ein Schnupperkurs, bei dem keine Verpflichtung besteht, sich für die folgenden Kurse anzumelden.*
*Le cours du 28.09, est un cours de découverte, sans obligation de s'inscrire aux cours suivants.*
**Tarif :** 162€
***Inscrivez-vous au plus tard le 21 septembre!***

## SCHOKOLADENFABRIK GENAVEH / CHOCOLATERIE GENAVEH


Eine Besichtigung, Workshop und Verkostung im Herzen des Hauses Genaveh.
*Visite guidée, atelier et dégustation au coeur de la Maison Genaveh.*
**Do/je, 12.11., 14h30**
**Tarif:** 22€ ( Besichtigung + Workshop) + ggf. Transportkosten
*22€ (visite + atelier) + frais de transport au besoin*
**Bis spätestens den 22. Oktober einschreiben!**
***Inscrivez-vous au plus tard le 22 octobre!***

## OBERHAUSEN

Kultur und shopping im winterlichen Flair.
*Culture et shopping dans l'ambiance hivernale.*
**Mo - Di/Lu - Ma 23.11 - 24.11**
**Tarif:** 350€ (Bus, Besichtigung, Hotel mit Früstück und Reiserücktrittsversicherung / *Bus, visite guidée, hôtel avec petit-déjeuner et assurance annulation*)
**Bis spätestens den 09. Oktober einschreiben!**
***Inscrivez-vous au plus tard le 09 octobre!***

**Für Einschreibungen und weitere Informationen:**
**Mo-Fr 9h00-12h00 T. 27 55 - 33 70**
***Pour les inscriptions ou plus d'informations:***
***Lu-ve, 9.00-12.00 T. 27 55 - 33 70***

Club Atertdall
CLUB AKTIV PLUS | help




31. OKTOBER
ZU
DELLEN
KIRMES
STAMINEE
21:00
ENTRÉE
GRATIS

GROUSSBUS-WAL

Zësumme liewen
GEMENGEPAKT

# Ganzheetleche Gediechtnistraining

Wou leie meng Schlësselen?
Mäin Akafsziedel
läit doheem um Kichendësch!
!Wéi ass mäi Pin-Code?
Wéi heescht scho méi
menger Nopesch hire Jong?

Wëllt Dir eppes géint
des kleng Vergiesslechkeete maachen?
Sécher ass: net nëmmen eise Kierper brauch Training,
mee och eist Gehier, fir dass et
fit a leeschtungsfäeg ka bleiwen.
Mat liichte Beweegungs- an Entspanungstechnike
fërdere mir eis Erënnerung, eis Wahrnehmung,
eis Konzentratioun, eis Koordinatioun
an eist logescht Denken.

A 6 gesellegen Owender léiert Dir nei Leit kennen,
mat deene mir zesummen am Grupp
mat geziilten an ofwiesslungsräichen Übungen
eis gro Zellen trainéieren.

Vergiesslechkeet kennt keen Alter!
Jiddereen ass Wëllkomm.



De Cours gëtt geleet vum **Lill Feinen**,
zertifizéiert Gediechtnistrainerin.

**Sprooch**: Lëtzebuergesch an Däitsch

**Wou**: Am klenge Bistro zu Groussbus (al Post)
**Wéini**: Dënstes vun 18:30 bis 20:00
**Datumer**: 10.11., 17.11., 24.11.,
01.12., 08.12., 15.12.2026

**Organisatioun**:
Fräizäitfrënn Gemeng Groussbus-Wal a.s.b.l.

Interesséierter solle sech mellen,
**virum 1. Oktober** op **schankreuter@icloud.com**
oder op der Telefonsnummer **+352/691.838.623**
fir méi Detailer genannt ze kréien.

**Déi éischt si vir.**


GROUSSBUS·WAL
AKTIOUNSSCHMËTT
Save the Date
RANDSCHELTER
ADVENTSMAART
5. DEZEMBER 2026
ab 16:00 Auer zu Randschelt
GLÜHWÄIN
FOTO: ANTOINETTE NEY
CARTOON: CARLO SCHNEIDER


# Schwaarzt Briet









## BICHERBUS
## 2026 - 2027
### September - Februar

wuer a wéini kënnt de Bicherbus

| | | FREIDES T09 |
|---|---|---|
| Béiwen/Atert | 08:50 - 09:20 | 02. Oktober |
| Schandel | 09:35 - 10:20 | 23. Oktober |
| Biekerech | 10:40 - 11:30 | 13. November |
| Réiden/Atert | 13:00 - 13:55 | 04. Dezember |
| Groussbus | 14:10 - 14:40 | 08. Januar |
| Mäerzeg | 14:45 - 15:20 | 29. Januar |
| | | 19. Februar |

# Tëppel an Tun - e grousse Succès!

Vum 22. bis de 25. Juli huet de Prommenhaff zu Groussbus sech an eng kleng Theaterbün verwandelt.

Mat „Tëppel an Tun“ hu 24 Kanner mat vill Begeeschterung, Energie an Engagement e ganz besonnesche Projet op d'Bee gestallt.




An deene véier Deeg hu méi wéi 1.200 Zuschauer de Wee op Groussbus fonnt – an all véier Opféierunge ware komplett ausverkaaft! E Succès, op dee mir ganz houfreg sinn.





Méi wichteg wéi d'Zuelen ass awer, wat hannert dësem Projet stoung: D'Kanner hunn net nëmmen Theater gespillt, mee och geléiert, zesummen ze schaffen, sech ze trauen, op enger Bün ze stoen a fir ee gemeinsaamt Zil ze schaffen. A virun allem hunn si eng immens flott Zäit zesummen erlieft.





Tëppel an Tun war e Projet voller Freed, Laachen, Engagement an Teamgeescht – a fir eis all eng Erfarung, déi nach laang an Erënnerung bleiwe wäert.

E grousse Merci och un all d'Fräiwëlleger, eis Sponsoren an natierlech un déi méi wéi 1.200 Zuschauer, déi dëse Succès méiglech gemaach hunn.

*Text: Schankemännchen*
*Fotoen: Andreas Schindler*



# Neiegkeete vun der Groussbus-Waler Musek

Virun der grousser Vakanz hate mir nach ee gutt gefëllte Programm.
Um Päischtweekend hate mir Hämmelsmarsch a Kiermesconcert zu Groussbus.



Päischtdënschde ware mir traditionell op Iechternach op d'Sprangprëssioun, Ënnerstëtzung hate mir hei vun eise Musekskollegen vu Bauschelt an aus dem Préizerdaul.



Den 20.06. hate mir ee musikaleschen Optrëtt op der Hochzäit vum Jessica a Metty. Hinnen nach eng Kéier Merci fir d'Invitatioun.

Den 22. Juni hu mir zu Groussbus um Virowend vun Nationalfeierdag deelgeholl wou och e puer vun eise Musikante geéiert gi sinn. De 26. Juni huet eise Jugendorchester nach ee klenge Concert fir d'Elteren an d'Musikante gespillt. Dem Marianne Kellen nach eng Kéier ee grousse Merci fir d'Iwwerhuele vun de lëschte Prouwe virun der Vakanz.






Virum der Summerpaus hu mir nach den Hämmelsmarsch zu Gréiwels gespillt a mir waren den Hämmelsmarsch och op d'Schoulfest spillen. Och der Schoul nach eng Kéier merci fir d'Invitatioun.





Hei nach d'Informatioun dass eise Jugendorchester op der Sich no neie Memberen an hire Reien ass. Samsdes de 19. September um 10 Auer organiséiere mir dofir eng Porte-Ouverte. Weider Informatioune fannt dir op eisem Flyer. Dann invitéiere mir nach op eise Concertsowend „Nei Brasilien in Concert" Samsdes den 10. Oktober am Centre Nei Brasilien mat Concerte vun der Wëntger Musik, der Musik vun Houltz an der Groussbus-Waler Musek.



Op eisem regelméisseg aktualiséierten Internetsite www.gwm.lu fannt Dir nach vill méi Fotoen an Informatiounen vun eisen Eventer an Aktivitéiten. Dir fannt eis awer och op Facebook an Instagram.

*Fotoen & Text: Groussbus-Waler Musek*

# Dësch-Tennis Groussbus-Mäerzeg



Fir de Membere Merci ze soen – fir hir Leeschtungen an de Championnater, de villen Trainingsfläiss an d'Hëllef bei eisen Aktivitéiten – huet den DT Groussbus-Mäerzeg op säin traditionellen Ausfluch invitéiert.
Samsdegs den 11. Juli 2026 huet eng gutt gelaunten Equipe sech moies fréi matt Sack a Pack op de Wee op Heidelberg gemaach.

D'Stëmmung war direkt positiv: ënnerwee goufe Kaffiskichelcher verdeelt, an e puer hunn d'Busfaart fir e kuerze Schlof genotzt. No knapps véier Stonnen si mir zu Heidelberg ukomm an hunn am Hotel Kulturbrauerei ageschéckt. Duerno stoung e klengen Highlight um Programm: eng Faart mat der weltbekannter Zahnradbahn, déi eis héich iwwer d'Stad bruecht huet. Vun do aus si mir bis erof bei d'Schlass getréppelt, wou mir Zäit haten, fir déi imposant Anlag ze entdecken an e bësse Sightseeing ze maachen.



Nom kulturellen Deel hunn déi eng sech gemittlech op enger Terrass installéiert, wärend anerer d'Stad mat hire flotte, ale Bauten entdeckt hunn – inklusiv engem klenge Shoppingtour. D'Atmosphär an der Stad war lieweg a fréndlech. Trotz héijen Temperature war et en entspaantenen Nomëtteg. Owes war dann de groussen Highlight um Programm: dat flott Freedefeier, dat d'Stad an eng stëmmungsvoll Kuliss verwandelt huet an den Dag op eng impressionnant Aart ofgeschloss huet.

Den zweeten Dag huet roueg an entspaant ugefaangen: e gemittlecht Frühstück an der Kulturbrauerei Heidelberg, duerno d'Preparatioun fir déi nächst Etapp. Mir sinn an de Freizeit- a Naturpark Tripsdrill gefuer – e schéin ugeluechte Park, wou jidderee säi Spaass fonnt huet. D'Stëmmung war locker, fréndlech, an natierlech gouf d'Waasserarchtebunn ausgibeg genoss. Am spéiden Nomëtteg hu mir eis op d'Heemrees gemaach. Fir den Ofschloss vun engem gelongenen Ausfluch hu mir eis nach zu Colmer am Restaurant Neptwone fir dat verdéngten Owesiessen zesummegesat.

Am grousse Ganze war et e flotten Tour voller schéiner Amenter, déi eis nach laang am Kapp bleiwen. Mir freeën eis elo schonn op den nächsten Ausfluch – mat neien Erfarungen, neie Geschichten a vill gudder Laun.

*Fotoen & Text: Dësch-Tennis Groussbus-Mäerzeg*










# DËSCHTENNIS GROUSSBUS MÄERZEG



# JOIN US!

**Alain Freymann** → dt-g-m@outlook.fr
**Nicole Kemp** → 621 30 38 30

## TRAINING

**Dënschdes / Mardi → Groussbus**
**19:00** → Seniors
ouni Trainer / sans entraîneur

**Mëttwochs / Mercredi → Mäerzeg**
**16:15-18:15** → Jugend & Ufänger / Jeunes & Débutants
Trainer / entraîneur: Laurent Bérenger

**Donneschdes / Jeudi → Mäerzeg**
**18:00-19:30** → Jugend & Ufänger / Jeunes & Débutants
**19:30** → Seniors
Trainer / entraîneur: Laurent Bérenger / Roby Post

# D’Fräizäitfrënn on Tour

De 17. Juni 2026 hunn d’Fräizäitfrënn en Dagesausfluch op Han-sur-Lesse gemaach. No engem gudde Mëttegiessen hu sech déi ganz sportlech Memberen iwwer 367 Träppleke beméit fir déi impressionnant Grotten ze gesinn. Déi manner sportlech hunn an der décker Hëtzt op den Zichelche gewaart a si gemittlech mam Safari Panorama Car duerch de Park gefuer an hunn déi formidabel Déierewelt bewonnert.

Erëm doheem gouf den Dag ofgeschloss an der Pizzeria Papa Citu zu Groussbus.

*Fotoen & Text: M.J. Schank-Reuter*











## E gemittleche Simmerdag am Alebësch

Den 22. Juli 2026 si vill Membere vun eise Fräizäitfrënn der Invitatioun nokomm fir bei schéinstem Summerwieder e puer gemittlech Stonnen an der Natur ze verbréngen.

Merci der Gemeng Groussbus-Wal an der Forstverwaltung fir hir Ënnerstëtzung.

Merci deenen zwee Grillmeeschteren, déi eis iwwer Mëtteg gutt verwinnt hunn.

Merci der Famill Faber, déi eis een Zelt an ee Killwon geléint huet.

*Fotoen & Text: M.J. Schank-Reuter*















# Vëlosummer 2026



Déi éischt zwee Weekender am August stoung de Kanton Réiden ganz am Zeeche vum Vëlosummer. Den Tour vun dësem Joer, „De Groussen Tour vum Wëlle Westen“, ass duerch déi néng Gemenge vum Kanton an d'Gemeng Helperknapp verlaf. Mat sengen 62 km an 800 Héichtemeter war et dës Kéier kee Parcours fir Ufänger. Als Belounung hunn d'Participanten awer herrlech Vuen, pittoresk Dierfer a flott Strecken entdeckt.

Och eis Veräiner hu laanscht de Parcours fir eng exzellent Versuergung gesuergt. Besonnesch zu Groussbus war um Iessstand vum Agilitysport (éischte Weekend) an dem Ju-Jitsu (zweete Weekend) vill lass. Pasta, Kuch, Paangecher, Wafelen an eng super Stëmmung hu fir nei Energie gesuergt.



De Groussen Tour vum Wëlle Westen war immens gutt besicht. Déi offiziell Participatiounszuele ginn an de kommende Méint vum Mobilitéits- an Tourismusministère veröffentlecht.

E grousse Merci geet un all d'Veräiner an hir vill Fräiwëlleger fir hiren Asaz, awer och un d'Awunner laanscht de  arcours fir hir Gedold an hiert Versteesdemech wärend de Stroossespären. Mir freeën eis schonn op déi nächst Editioun!

*Fotoen & Text: Syndicat intercommunal Réidener Kanton*









## Véier verschidde Pasta-Spezialitéiten um Menü

Am Kader vum **Vëlosummer**, organiséiert vum **Syndicat Intercommunal Kanton Réiden**, war dëst Joer och zu Grousbous fir eng gutt Stäerkung ënnerwee gesuergt. De **Ju-Jitsu Self-Défense Club du Nord** hat fir dës Geleeënheet de Catering iwwerholl an d'Cycliste mat guddem Iessen a Gedrénks empfaangen.




Vill Vëlosfuerer hunn d'Geleeënheet genotzt, fir bei eis en Tëschestopp anzeleeën, sech e bëssen auszerouen, den Duuscht ze läschen an nei Energie fir déi weider Faart ze tanken.

Fir de klengen oder méi groussen Honger hat de SDCN **véier verschidde Pasta-Spezialitéiten** ugebueden, esou datt fir all Goût eppes dobäi war. Bei enger gemittlecher Ambiance konnten d'Visiteuren zesumme sëtzen, eppes Guddes iessen an drénken an sech duerno nees gestäerkt op de Vëlo setzen.


Net nëmmen op zwee Pedallen, mee och **op motoriséierte Rieder** gouf de Wee op Grousbous fonnt: Mir hunn eis ganz besonnesch iwwer de Besuch vun enger Delegatioun vun den zwee Motorradclibb de **Gunfighters** an **UBAKA** Lëtzebuerg gefreet. Hire Besuch huet fir nach méi Ofwiesslung a gutt Stëmmung gesuergt an huet gewisen, datt Gesellegkeet a Frëndschaft keng Grenze kennen – egal ob mam Vëlo oder mam Motorrad.

Mir hunn eis iwwer déi vill Cyclisten, Motorradfuerer a Visiteure gefreet, déi bei eis Halt gemaach hunn. Déi gutt Stëmmung, déi vill flott Gespréicher an déi positiv Réckmeldungen hunn dozou bäigedroen, datt dëse Vëlosummer fir eise Veräin zu engem **richteg gelongenen a gesellege Weekend** gouf.


E grousse Merci geet un eis Schafféquipe, déi mat vill Asaz virun, wärend an nom Fest dofir gesuergt hunn, datt alles reibungslos ofgelaf ass.

**Merci och un all déi, déi bei eis laanschtkomm sinn – mir hoffen, lech bei enger nächster Geleeënheet nees zu Grousbous begréissen ze kënnen!**

*Fotoen & Text: Jitsu Self-Défense Club du Nord Grosbous*









# Willibrordusfeier 2026

Den Hl. Péitruss hat et gutt mat eis gemengt an herrlecht Wieder geschéckt, sou datt d'Willibrordusfeier 2026 op Päischtsonndeg konnt ënner fräiem Himmel beim Willibrordusbur afgehal ginn.



Willibrordusikone

Esou wéi et fir een héije Festdag ubruecht ass, gouf eng Mass mat 3 Häre gefeiert. Eisen Här, den Här Deche vum Dekanat Zentrum, de Pater Jean-Jacques Flammang hat säi jéngste Member vun der Pastoralequipe de Pater Antoine Do, souwéi dee pensionéierte Paschtouer Paul Muller, matbruecht. Fir de gebiertege Réidener Abbé Paul Muller, deen elo seng Pensioun zu Réiden verbréngt, war et eng Éier d'Festpriedegt vum Dag ze halen, déi ënnert dem Motto stoung: „Friede sief mat lech".




Pater Antoine Do, Abbé Paul Muller, Dechen Jean-Jacques Flammang

Fir d'Liesunge waren de Ludwig an d'Pascale Barth-Mouris zoustänneg, an de „Gesank Nei Brasilien" huet, ewéi all Joer, ënnert der Leedung vum Sylvie Schartz-Kips fir de musekaleschen Encadrement gesuergt.

An der Plaz vun der Willibrordusstatu gouf eng Willibrordusikon mat op den Altor beim Bur geholl. Dëst Hellegebild ass ee Cadeau vun der Lëtzebuerger Russesch-Orthodoxer Communautéit, déi viru kuerzem zu Randschelt op Besuch war.

Wéinst deene staarke Sonnestralen hate vill Gleeweger sech eng Plaz am Scheed gesicht.







Ludwig a Pascale Barth a Festprediger Abbé Paul Muller

Fotoen & Text: Jean Ferber



< Gesank Nei Brasilien ënnert der Leedung vum Sylvie Schartz-Kips



Een Deel vun de Willibroduspilger am Scheed. >

# WOK 2026

All Joer ass den 1. Weekend am Juni de „**W**eekend vun den **o**ppene **K**ierchen“. Och dëst Joer haten déi 8 Kierchen aus eiser Gemeng, Dellen, Groussbus, Bëschrued, Wal, Heeschpelt, Randschelt, Gréiwels a Kéiber, matgemaach beim Thema „Lieu de Mémoire“.

Interessenten hunn an all Kierch e klengt Heft fonnt mat Hiweiser an Ureegungen zum Thema, sou datt et einfach war Joreszuelen, Informatiouns- a Gedenktafelen a villes méi ze entdecken.



J. Ferber beim Virtrag

Déi Waler a Bëschrieder Kierchen-Asblen haten zousätzlech op eng Kaffisstuff an der Veräinsbau op Wal invitéiert. Wärend engem Virtrag mat Dia-Show gouf den Tour duerch all Kierchen aus der Gemeng gemaach mat Informatiounen a Kommentaren zu deenen eenzelne Objeten.



Wal:
D'Kierch ass dem Hl. Maximin geweit

Am „De Viichter Geschichtsfrënd“ vun 2016 ass e schéinen Artikel vum Här Alex Langini iwwert d'Kierch vu Wal. Hie schreift, datt et zu Wal mat Sécherheet schonn am 14. Joerhonnert eng Kierch gouf, vun der awer näischt weider gewosst ass. An der Rum vun dem ovalen Oculus iwwert der Agangsdier ass d'Joreszuel 1758 agravéiert, wat d'Baujoer vun der Kierch ass. Allerdéngs war d'Kierch deemools méi kleng, sou datt si 1874 zur Chouersäit hinn ëm 2 Joch vergréissert gouf.

Déi monumental Altär aus der Waler Kierch stame méiglecherweis aus enger Klouschterkierch. Leider ass awer näischt Genaues gewosst. Tatsaach awer ass, datt d'Klouschter vun Useldeng 1781 opgeléist an als Bauerenhaff ëmgeännert gouf. Wat mat deenen Useldenger Altär geschitt ass, ass bis elo nit bekannt.

Ënnert der Statu vum Hl. Maximin sinn 2 Joreszuelen ze fannen: 1766 an 1853.

D'Schrëft uewen an der Rum vum Altorbild ass Hebraesch a bedeit: Jawe d.h. de Numm vu Gott wéi en um Sinai dem Moses genannt gouf. (gëtt vu riets no lénks gelies)

1766 an 1853 um Haaptaltor

Eng Säit aus dem Informatiounsheftchen




Schéin Auswiel an der Kaffisstuff



Interesséierte Publikum wärend dem Virtrag am Sall

Text: Jean Ferber
Fotoen: Antoinette Ney



# Jeunesse Grosbous

Op Päischtsonndeg hu mir déi traditionell Groussbuusser Kiermes organiséiert an Owes Kiermesham mat Fritten an Zalot zerwéiert. Merci un d'Musek fir hire Concert.









E puer Fotoe vun eisem Summer Opening Bal zu Grevels. Dëst Joer ganz am Stil vun 2016.  Merci u jiddereen deen eis bei eisen Eventer ënnerstëtzt.





*Fotoen & Text: Jeunesse Grosbous*

# News vu GroWaMove



An der Saison 2025/2026 hu mir nieft de reegelméissege Sportcoursen och verschidde Veräinsaktivitéiten organiséiert.

Generalversammlung

De 14. Januar hu mir eis alljärlech Generalversammlung ofgehalen. Dobäi gouf op dat vergaangent Veräinsjoer zeréckgekuckt, de Bilan presentéiert an e neie Comité gewielt.

Afterwork

De 5. Juni hu mir en Afterwork ënnert dem Motto „Grill & Chill" organiséiert. An enger gemittlecher Atmosphär haten eis Memberen

an d'Awunner vu Groussbus d'Méiglechkeet, sech auszetauschen an e flotte Summerowend zesummen ze verbréngen.

Réckbléck op d'Saison 2025/2026

Wärend der Saison 2025/2026 goufen eis Coursen all Méinden an Donneschde reegelméisseg ofgehalen a ware gutt besicht. Am Abräll hu mir mam Rémi en neien Trainer fir eise Bodyworkout-Cours begréissen dierfen.

Clubausfluch

Den 18. Juli huet eise Clubausfluch op Maastricht stattfonnt. De Programm huet mat enger Visitt vum Jesuitenberg ugefaangen. Duerno konnt jiddereen de Stadkär vu Maastricht selwer entdecken. Den Dag hu mir mat engem gemeinsamen Owendiessen ausklénge gelooss.



Ausbléck op d'Saison 2026/2027

Och an der neier Saison bidde mir erëm véier Coursen un:

Méindes

- Bodyworkout: 19.00–20.00 Auer
- Yoga meets Pilates: 20.00–21.00 Auer

Donneschdes

- Bailafit: 19.15–20.15 Auer
- Strong Nation: 20.15–21.15 Auer

Zum Ofschloss soe mir e grousse Merci un all eis Memberen, Traineren an d'Gemeng fir hir Ënnerstëtzung.

Och an der Saison 2026/2027 si nei Memberen häerzlech wëllkomm. Eise Veräin riicht sech u Fraen a Männer, déi gären aktiv sinn an Interesse un eise sportlechen Aktivitéiten an um Veräinsliewen hunn.

*Fotoen & Text: GroWaMove*

GroWaMove asbl
Turnveräin fir Jiddereen

GROOVE YOUR BODY, MOVE YOUR BODY



# SAISON 2026/2027

**Ufank vun de COURSEN: 14.09.2026**

## EIS COURSE

### MÉINDES

19:00 – 20:00
BODYWORKOUT
mam Rémi

20:00 – 21:00
YOGA MEETS PILATES
mam Anne-Sophie

### DONNESCHDES

19:15 – 20:15
BAILAFIT
mam Momo

20:15 – 21:15
STRONG NATION
mam Momo

## WOU?

Sportshal Prommenhaff
5, rue de Bastogne
L-9154 Groussbus

## UMELDUNG

oder op
growamove@gmail.com
mat follgenden Donnéeën:
**Numm, Virnumm, Gebuertsdatum, Adress, Email, GSM**

## EIS COURSEN

fir Fraen a Männer

🏋 BODYWORKOUT
Ganzkierpertraining fir Kraaft, Ausdauer a Fitness.

---

🧘 YOGA MEETS PILATES
Kombinatioun vun Elementer aus Yoga a Pilates.

---

💃 BAILAFIT
Danz-Fitness mat verschiddenen Danzstiler.

---

🔥 STRONG NATION
Intervalltraining ouni Danzen.



## COTISATIOUN 2026/2027

180 € fir Erwuessener

---

150 € fir Jonker vun 12–18 Joer
a Begleedung vun engem Elterendeel, deen och Member ass

---

## FIR WEIDER INFORMATIOUNEN:

✉ growamove@gmail.com
📱 SMS: 621 186 725
Facebook: https://www.facebook.com/growamovegroussbuswal/
Instagram : https://www.instagram.com/growamove/

*GroWaMove a.s.b.l.*
*Siège social : 5, rue de Bastogne L-9154 Grosbous*
*R.C.S. Luxembourg: F12513*

# Musée Thillenvogtei

## Weekend vum Wëlle Westen



Sonndes den 28. Juni huet de Syndicat vum Réidener Kanton eng 5. Kéier op de Weekend vum Wëlle Westen invitéiert. Dëst Joer war den Tour dann um Musée Thillenvogtei fir dëst Evenement, wat sech mëttlerweil an der Regioun etabléiert huet ofzehalen. Ronn 600 Leit haten de Wee op Randschelt fonnt a vun dene villen ugebuedenen Aktivitéite profitéiert. D'Equipe vum Musée huet zwou gutt besichte Schoulstonne mat der strenger Joffer vu fréier ofgehalen an Zockerwäffelcher mat de Visiteure gebak. Och konnten d'Visiteuren en Abléck an d'Aarbecht vun eisem Mataarbechter am Inventaire vun der historescher Kleedersammlung kréien a gratis un engem Shooting mat historesche Kleeder an Accessoiren deelhuelen. Donieft ware vill Veräiner aus dem Kanton mat hire Stänn vertrueden. Och de musikalesche Programm war villfälteg mat ënner anerem de Gruppen "Powerblech" an "Les Gavroches".



Fir D'Aweiung vum frësch renovéierte Gîte am Paschtoueschhaus huet de Schäfferot e Seel op der Seelmaschinn vum Musée gedréint a mam Opstrécke vun dësem Seel de Gîte a Präsenz vum Minister Eric Thill ageweit.

E grousse Merci alle Veräiner, déi mat engem Stand oder enger Aktivitéit deelgeholl hunn, de Gemengen déi Material zur Verfügung gestallt hunn. E ganz grousser merci geet dann och un d'Gemeng Groussbus-Wal, déi beim Opriichten eng super Aarbecht gemaach huet an de Leit vum Touristinfo Wëlle Westen a vum Réidener Kanton, ouni déi dëst flott Fest net méiglech wier. Merci och eise Benevolle fir hier wäertvoll Ënnerstëtzung de ganze Sonnden.

## Äddi Jang! A Merci fir alles!

Ufank Juli krute mir dunn déi traureg Nouvelle, dat de Grënner a laangjärege Bedreiwer vun eisem Musée de Jean Ney gestuerwen ass.

Et sinn elo bal 35 Joer vergaangen – am September 1991 – datt de Jang mat der grousser Ënnerstëtzung vu senger Famill, villen Frënn an aneren Acteuren, déi éischt Schoulklasse bei sech zu Wal a sengem Musée empfaangen huet an domat de Grondstee fir eppes richteg Grousses a Wichteges fir eis national Muséeslandschaft geluecht huet.

De Musée huet sech séier weiderentwéckelt, ass iergendwann op Randschelt geplënnert an et war e laange Wee bis dohinner wou mir elo stinn. Villes war zäiteweis onsécher, mä de Jang hat, wéi hie selwer emol an engem Interview sot, „ëmmer Vertrauen, datt et géing virugoen" an dat Vertrauen huet och eis déi lescht Joren ëmmer virugehollef.

Am nämmlechten Interview huet hie geschat, datt hie ronn 100.000 Kanner an Erwuessenen am Musée eise ländleche Patrimoine op eng lieweg a flott Aart a Weis vermëttelt huet. Dat ass eng imposant Leeschtung an huet ronn d'Hallschent vu sengem Liewen ausgemaach.

Och wann de Jang net méi ënnert eis ass, sou lieft säin Engagement a säi Wierk zu Randschelt weider.



*Texter: Musée Thillenvogtei, Fotoen: Caroline Roemen*

*Foto: Davide Picci*

## Par ATERTDALL Sainte-CLAIRE

**CENTRE PAROISSIAL:** 40, Grand'rue L-8510 Redange-Attert
Site: https://cathol.lu/atertdall

**ÉQUIPE PASTORALE:**
Père Jean-Jacques FLAMMANG SCJ, curé-doyen Tél: 661 746 852 jjf@scj.lu
Père Antoine DO, vicaire T : +33 695 24 33 19 Mail : antoine.do@cathol.lu
Père Jacques BAGNOUD, subsidiaire Mail : jacques.bagnoud@cathol.lu
Père Vincent BILLOT, subsidiaire Mail : vincent.billot@cathol.lu

**SECRÉTARIAT & COMMANDE MESSES Tél: 23 62 10 53** / atertdall@cathol.lu Michèle ASSERAY, secrétaire
**KRANKEN- & ALTENPASTORAL** Tél. 23 62 07 20 / 621 618 855 Marie Claire RASQUÉ
**NOUT-TELEFON BEGRIEFNISPASTORAL / EQUIPE DE FUNÉRAILLES - URGENCES Tél. 621 686 102**

## Massen a Feierlichkeeten an der Par:

Sonndig, den 20. September um 10.45 Auer zu GROUSSBUS: Houmass
Sonndig, den 27. September um 10.45 Auer zu KÉIBER: **Kiermesmass an uschléissend Griewerseenung**
Sameschdig, den 3. Oktober um 18.30 Auer zu GROUSSBUS: Virowendmass
**Sonndig, den 11. Oktober zu Wahl:** *(D'Auerzäit gëtt nach festgeluegt)*
**Houmass fir d'Commémoratioun, uschléissend ass d'Gedenkfeier beim Monument**
Sonndig, den 25. Oktober um 9.30 Auer zu BËSCHRUED: **Kiermesmass an uschléissend Griewerseenung**
Sameschdig, den 31. Oktober um 18.30 Auer zu WAHL: Virowendmass

Dënschdeg, den 13. Oktober um 19.30 Auer an der Aula zu Réiden:
**Konferenz mam Thema: „Patientenverfügung“** *Org.: ACFL Par Atertdall*

Action Catholique des Femmes du Luxembourg

## Ausstellung: *D'Lourdes-Grotten an der Par Atertdall Sainte Claire*

**Kropemannsfest – Sonnden, den 27. September**
**vun 9.00 Auer bis 18.00 Auer an der Kierch zu Réiden**






D'Ausstellung weist déi **13 Lourdes-Grotten** aus der Par Atertdall Sainte Claire mat

- **Historischen Dokumenter, Fotoen aus de verschiddenen Dierfer**
- **Chronologien an Opbaugeschichten**
- **Neier Broschür mat kompletter Dokumentatioun**

**Dierfer déi vertruede sinn :**
Nagem – Ell – Beckerich – Nidderpallen – Rippweiler – Useldeng – Viichten – Préizerdaul
Randschelt – Bëschrued (2) – Réiden (net méi existent) – Roodt

**Firwat laanscht kommen?**

D'Ausstellung ass ideal fir:

- **Leit aus der Par**, déi hir lokal Geschicht wëlle gesinn
- **Historiker a Veräiner**
- **Familljen a Kanner**, déi e kulturellen Entdeckungsdag wëllen maachen

***Kontakt:*** *Michel Lallemand GSM: 621 296 682 E-Mail: michlall@pt.lu*

# Perséinlech Erënnerungen un de Jean Ney



De Jang Ney war nit nëmmen ee gudde Frënd an ee sympathesche Matbierger, mä och een Aarbechtskolleeg, ee Kolleeg aus dem Schäffen a Gemengerot an een dynameschen Entreprener, deen et fäerdeg krut een aussergewéinleche Projet, de Landmusée „Thillenvogtei" ze realiséieren.

Dem Jang seng Sammelerleidenschaft, fir déi hien bekannt war, huet sech schonn a jonke Jore bemierkbar gemaach. An de 1960er Jore gouf Krichsmaterial gesammelt. Ech ka mech nach gutt drun erënneren, wann de Jang am Alter vu 15, 16 Joer duerch de Bësch eraf op Bëschrued koum, fir eis Waffen aus dem 2. Weltkrich ze demonstréieren. Spéider ass seng Sammlung integral an déi verschidde Krichsmuséeën am Éislek komm.



De President vum Kiercherot J.Ney begréisst den Äerzbëschof Fernand Franck fir d'Firmung 2003.

Vu 1988 un war de Jang Member vum Waler Kiercherot, a vun 1998 u President bis zur Opléisung vun deenen ale Paren am Joer 2017. Vun do u war hie bis elo Member vun der Kierchefabrick Gemeng Groussbus-Wal.
Wärend der Zäit wou ech beim Jos Loos zu Béiwen/Atert geschafft hunn, war op eemol esouvill Aarbecht do, datt iwwerall no Mataarbechter gesicht gouf. Och hei war de Jang sech nit ze schued, fir eng Hand mat un ze paken. Natierlech goufe moies zu Wal nach d'Aarbechten am Stall afgeschloss, iert et dann op Béiwe gaang ass, fir vun do aus uechtert d'Land ze fuere fir Ställ opzeriichten.

Hei hunn ech de Jang kennegeléiert als zouverlässege Kolleeg, deem ni eng Stonn ze fréi oder ze spéit war. Zesumme mam Jäng Brück vum Gréiweknapp, dem Ernest Hubert vu Béiwen an dem Félix Neiertz vun Heeschpelt ware mir eng gutt Ekipp zur vollster Zefriddenheet vu ville Clienten an eisem Patron, dem Jos Loos a senger Fra Félicie.



Am September 1980 hu sech de Jang an d'Antoinette an der Kierch zu Wal Trei a Bäistand versprach bis zum Enn vun hierem Liewen.

Bestuet goufen de Jean Ney an d'Antoinette Schuler 1980 zu Wal. No enger abenteuerlecher Hochzäitsrees a Latäinamerika, sinn si gemeinsam duerch d'Liewe gaang, hunn eng Famill gegrënnt a niewelaanscht gouf alt Material aus der Landwirtschaft, dem Haushalt, dem Unterrechtswiesen a villes méi gesammelt. Och eng joerhonnertenal Kierchenauer, déi spéider restauréiert gouf, huet zur Sammlung gehéiert. Um Jang seng Initiativ hi, gouf an de 1990er Joren eng Fotosammlung an der Gemeng realiséiert mat ale Fotoen, bei där, dank dem Jang senger Sympathie, praktesch all Haus matgemaach a bereedwëllech hir Biller zur Verfügung gestallt huet. Eng Sisyphusaarbecht, déi haut zum Gemengenarchiv gehéiert a scho méi ewéi eemol nëtzlech war.

D'Geschicht vun den Zwangsrekrutéierten aus dem 2. Weltkrich louch dem Jang um Häerz, an esou goufe an den 80er Joren Rendez-vousen mat Zäitzeien organiséiert fir Geschichten ze notéieren respektiv Tounbandopnamen ze maachen. D'Resultat vun déser Aarbecht léist sech weisen an ass eng wäertvoll Stäip bei der Virbereedung vum järleche Commemoratiounsdag.



*Respektvoll vernäipt de Jang sech virun den Affer vun Tambow.*



*Zefridde Gesichter no enger ustrengender Gedenkfaart.*

Bei Commemoratiounsfeieren a FEDEF-Gedenkfarten waren de Jang an Antoinette gären derbäi, sou z.B. zu Esterwegen, Peenemünde, Sonnenburg oder Tambow, fir nëmmen déi ze nennen.

Nom Brand an der Schmëtt zu Bëschrued am Januar 1985, ass de Jang Member bei deene Gréiwelser Pompjeeë ginn, wou hie bis zum Schluss dem Veräin trei bliwwen ass, a méi ewéi eemol bei Asätz eng wäertvoll Hëllef geleescht huet.




*No der Sitzung am Juli 2011*
*1. Rei: Marco Assa, Jean Ferber, Jean Ney*
*2. Rei: Servais Majerus, Sylvie Schartz-Kips, Marie-Thérèse Majery-Petry, Constant Nelissen.*

1986 gouf de Jang eng éischte Kéier an de Gemengerot gewielt. Bis 2011 huet hie seng Roll als Conselljen, respektiv als Schäffen ëmmer seriö an hëllefsbereet wouer geholl. Wann d'Gemeng Terrain gebraucht huet, dann ass mam Jang ëmmer een Accord zustane komm. Sou steet nit nëmmen de „Centre Nei Brasilien", mä och de „Schoulcampus Nei Brasilien" an de „Rückhaltebecken" vum Afwaasserkanal op Neyen hirem Terrain. Dat selwecht gëllt fir de Randschelter Bistro, deen 2015 aus engem Schwäistall entstan ass.

1991 ass fir de Jang een Dram an Erfëllung gaang. De Musée Thillenvogtei huet seng Dieren zu Wal am Faubourg opgemaach fir Gruppen a fir Schoulklassen. Je no Joreszäit goufe verschidde Programmer ugebueden, an esou gouf ëm Ouschtere Brout gebak mat de Kommiounskanner. Duerno goung et an d'Hee, am Summer gouf gebënnert, am Hierscht goung et an d'Gromperen an et gouf Viz gemaach. Am Wanter ass an der Scheier gedresch ginn an et gouf Schoul gehal ewéi fréier.

Beim Jang ass et ni langweileg ginn. Dank sengem Fachwëssen, mä och sengem Geschéck fir Wëssen ze vermëttele, war hie selwer d'Haaptattraktioun vum Musée a wann emol zum Schluss vun enger Schoulstonn nach e bëssen Zäit am Rescht war, da gouf d'Mondharmonika erbäi geholl a scho war fir Stëmmung gesuergt.





Vun Zäit zu Zäit gouf ee grousst Muséesfest oder een historeschen Ëmzuch organiséiert, wou nit nëmmen déi ganz Famill Ney, mä och vill Leit aus dem Duerf an aus der Ëmgéigend mat agebonne goufen. Jiddereen dee matgemaach huet, gouf al gekleet a krut eng Aufgab. Et war ee Genoss fir ze gesi mat wéi enger Begeeschterung Jonk an Al derbäi waren als Schmatt, als Schräiner, als Schouster, als Kniecht oder Mod, als Biesemsbënner, Bauer oder Paschtouer a.s.w..

Nom Doud vum Leopold Gricius zu Randschelt krut de Jang den Haff Gricius ze kafen an de Musée Thillenvogtei gouf 2015 vu Wal op Randschelt geplënnert. Kuerz Zäit drop huet d'Elisabeth Ney de Musée iwwerholl a sengem Papp ee groussen Deel Aarbecht afgeholl. Wärend 25 Joer si méi ewéi 100.000 Kanner am Musée passéiert an esou munch Theater- oder Filmgruppen hu vum Musée senge Requisite profitéiert.

Vun 2024 un ass d'Gemeng Proprietär vum Musée an esou ass et ee Garant, datt de Musée Thillenvogtei och elo, nom Doud vum Jang eng Zukunft wäert hunn. Merci der Gemeng an der Ekipp vum Musée fir hier Engagementer am Sënn vum Jang sengem Liewenswierk.


*Um "Randschleider Pad" sinn dem Jang seng Spuren nit ze iwwersinn.*

Wéi vun 2008 bis 2010 um Meditatiounswee „Randschleider Pad" geschafft gouf, war de Jang ee vun den Haaptleit vun deem Projet an huet spontan Deeler vu senger Wiss zur Verfügung gestallt fir z.B. d'Sonnenauer an de Weier kënnen ze realiséieren.



*Ouni dem Jang seng Artikelen an dem Antoinette seng Fotoen wier "D'Uucht" nit dat, wat se eeben ass.*

An da gouf et jo och déi Waler Gemengenzeitung, wou de Jang langzäit ee vun deen Haaptauteure war vu Geschicht a Geschichten aus eisen Dierfer. Leider huet hien a senger Bescheidenheet dachs vergiess säi Numm bei sengen Artikelen ze hannerloosen.

Haut soe mer dem Jang Merci fir déi Zäit, déi mir konnte mat him erliewen, an och fir déi Zäit wou hien am Interessi vun der Gemeng ënnerwee war, am Déngscht zum Erhalt vu Patrimoine geschafft huet an als hëllefsbereete Bierger an engagéierte Pompjee sou munch engem a schwieregen Zäite Bäistand geleescht huet.

Merci Jang an „au revoir". Mar et gutt do uewen, a vergiess eis nit. Ech si mer sécher, dass déi Spuren, déi s Du hannerléiss nach laang wäerten erhale bleiwen, an dass Du soubal nach nit wäerts vergiess ginn heinidden.

*Fotoen & Text: Jean Ferber*

# Äddi Fernand


*Fernand Pletschette 1944 - 2026*

De Fernand Pletschette war fir mech nit nëmmen e gudde Frënd, mee och ee Léiermeeschter a Saache Computer a virun allem ee Veräinsmënsch an een engagéierte Scout.

A menger Jugend war de Café an Dancing Pletschette zu Groussbus deen "Treffpunkt par excellence" fir vill Jugendlecher. Sonndes no der Mass, déi deemools zu Bëschrued um 9 Auer war, goung et op Bous an de Café Pletschette op d'Keelebunn. De Ferd Becker an den Edy Mack, déi eis Welt schonn allenzwéin verlooss hu, waren do Léiermeeschter an Trainer fir vill Komeroden, déi um Keelespill interesséiert waren.

Samschdes- oder Sonndesowes war d'Danzpist vun 20 Auer un op, an da gouf virun allem op Marsch- a Walzermusek gedanzt, bis spéit an d'Nuecht eran. De Fernand huet deemools nëmme wéineg Zäit op der Danzpist verbruecht, wëll hie mam Gilberte a mat senger Mamm, dem Sisy, hannert dem Comptoire all Hänn voll ze dinn hat.

Trotz der viller Aarbecht wärend senger Fräizäit am Café, dem Bau vun engem neien Haus, zum Deel an Eegeregie, huet de Fern vill Zäit an dat Groussbusser Veräinsliewen investéiert. Hie war Grënnungsmember a wärend Joren déi Haaptkraft am Syndicat d'Initiative Groussbus. Dëse Veräin war virun allem dann aktiv wa gréisser Fester gefeiert goufe wou méi Veräiner zesummen deelgeholl hunn. Op dem Syndikat säin Touristebüro am Prommenhaff war de Fernand mat Recht besonnesch houfreg.

Wéi am Joer 1986 déi Groussbusser Scoute gegrënnt goufen, hunn de Fernand Pletschette zesumme mam Paschtouer Jos Sauber a mam Gendaarm Nico Muller Pionéieraarbecht geleescht fir dësem Veräin op d'Been ze hëllefen. Dank gudder Ënnerstëtzung vun de Gemenge Groussbus, Mäerzeg, Viichten, Useldeng, Préizerdaul a Wal hunn d'Scouten sech gutt a séier entwéckelt bis hire Gruppeschef Nico Muller aus berufleche Grënn huet missen zu Groussbus demissionéieren. De Fernand Pletschette an de Valy Bodem waren deemools gefuerdert an hunn nit labber gelooss bis si genuch Elteren vu „Scoutekanner" iwwerzeegt hate fir de Veräin aktiv ze ënnerstëtzen. D'Marie-Jeanne an ech selwer hunn och derzou gehéiert.

Duerch déi vill an intensiv Aktivitéite mat de Scouten ass eng echt Frëndschaft tëschend eis, dem Fernand an dem Gilberte entstan. Niewent Scoutscampen a Scoutsfester hu mir wärend Joren eis Vakanzen zesumme verbruecht an esou een Deel vun der Welt entdeckt. A gudder Erënnerung si bis haut eise Reese mam Fliger op Roum, mam Schëff vu St. Petersburg op Moskau oder mam Zuch duerch Sibirien bis op Peking bliwwen, fir nëmmen déi ze nennen.


*Op der Gare zu Moskau läit de rouden Teppech aus fir d'Passagéier vum Transsibirien-Express.*

E groussen Deel vu sengem Liewen huet de Fernand als Ingenieur bei der Goodyear verbruecht. Hei war hie voll a ganz integréiert a begeeschtert vu senger Aarbecht als Informatiker, sou datt hie séier Karriär gemaach huet. Ëmmer erëm war hien am Mammewierk vu Goodyear zu Akron am Ohio fir Weiderbildungen ageschriwwen, an dat am August 1990 fir eng Zäit vun 12 Méint an engem Stéck. De Fernand huet deemools mam Gilberte a mat 3 vu senge Kanner ee Joer an Amerika verbruecht. D'Geschicht vum Nicolas Krantz, een erfollegräichen Amerikaauswanderer vu Bëschrued, ass an enger klenger Broschür festgehal, déi an der Kierch zu Bëschrued ze fannen ass. Ee grousse Merci si mir dem Fernand schëlleg, deen zu Chicago Nofuerschungen ënnerholl a Fotoe gemaach hat, ouni déi d'Broschür vum Nic Krantz nit méiglech gewiescht wier.

Op Initiative vum Fernand hunn déi Groussbusser Scouten op Sylvester 1992 eng „Beacon-Europ" Feier organiséiert. Uechter ganz Europa gouf deen Owend gefeiert, datt vill europäesch Grenzen opgoungen. Zu Bous waren, niewent der Ackerbauministerin Marie-Josée Jacobs, dem Staatssekretär Georges Wohlfahrt an dem Vizepresident vum Europaparlament Nic Estgen, Botschafter aus verschiddene Länner mat derbäi. Dem Lou Ney seng „Europahymn op Lëtzebuergesch" gouf deemools uropgefouert.



*Zwéin Haaptpilierën vum Scoutsgrupp St. Maximilian Kolbe waren de Valy Bodem (†2024) an de Fernand Pletschette (†2026).*

Dank dem Fernand senger Ënnerstëtzung a sengem Fachwëssen waren d'Gemenge Groussbus a Wal mat déi éischt déi een Internetsite haten, an dat schonn am Joer 2001. Merci dem Fernand fir säin Asaz op deem Gebitt.

Mä och an der Pensioun huet hien d'Hänn nit an de Schouss geluecht, mä ass weider aktiv bliwwen. Méi ewéi eemol huet hien als „Senior-Consultant" Lëtzebuerg op Ausstellungen a China vertrueden an ass do als Beroder héich geschätzt ginn.



*Bei Gedenkfahrten mat der FEDEF war dem Fernand säi Fotoapparat ëmmer prett.*

Un der Geschicht vum Zweete Weltkrich war hie staark interesséiert an huet sech vehement agesat dat déi eemoleg Geschicht vum Groussbusser Chrëschtbeemchen nit soll an de Vergiess kommen.

Bei Gedenkfaarten vun der Zwangsrekrutéiertefederatioun z.B. op Peenemünde an Ostdäitschland, Sonnenburg a Polen oder Tambow a Russland ware mir zesummen derbäi. An de Fotoreportagen, déi bei de Gedenkfaarten oder de Gedenkfeiere vun der FEDEF gemaach goufen, si vill Fotoe vum Fernand ze fannen. Hien huet ëmmer drop gehal fir all Detail am Bild festzehalen.

D'Gedenkfeier un d'Affer vum Massaker Sonnenburg den 30. Januar 2024 war déi lescht gréisser Aktioun an deem Sënn, déi dem Fernand ze verdanken ass. Hei gouf virun allem un dee Groussbusser Jong Jean-Pierre Reding geduecht, deen 1945 zu Sonnenburg zesumme mat 90 Kommeroden higeriicht gouf.
Merci Fernand fir deng Frëndschaft, deng Hëllefsbereedschaft a virun allem awer och fir däin Engagement am Syndicat a bei de Scouten. Nit ze vergiessen awer och deng Verbonnenheet mat denger Famill, dengen Elteren Eugène a Sisy, dengem Brudder Aly a natierlech denger léiwer Fra Gilberte an denge 4 Kanner Mireille, Monique, André a Marianne, mat dengen Eedemen an Enkelkanner, déi s Du all an däin Häerz geschloss has.



*De Fernand am Gespréich mam US-Botschafter Thomas Barrett bei der Sonnenburgfeier 2024.*

Fernand, Du hues wäertvoll Spuren hannerloos, duerfir sinn ech mer sécher, dass Du esoubal nit wäers vergiess ginn. Mar et gutt, wou ëmmer s Du och elo bass.

*Fotoen & Text: Jean Ferber*

# Moiesgebiet um Randschleider Pad

De 4. Juli war déi 12. Editioun vum deem meditative Spadséiergang an de fréie Moiesstonnen um Randschleider Pad.



Pünktlech um 7 Auer war de Start an der Kierch ënnert der Leedung vum Joke De Kron, dat vun der éischter Stonn u bei déser Aktivitéit mat derbäi ass.

Niewent interessanten Texter a passende Lieder blouf genuch Zäit fir d'Mueresrou op sech wierken ze loossen an de Gesank vun de Vullen ze genéissen.

Mat enger Taass Kaffi a fräschem Gebäck, dat vum Gesank Nei Brasilien besuergt gouf, ass dës Aktivitéit géint 9 Auer zu Enn gaang. Fir den 3. Juli 2027 ass eng nächst Oplo geplangt.

*Foto & Text: Jean Ferber*

# Fotoen aus der Gemeng








*Fotoen: Jacques Kass*













*Fotoen: Marie-Anne Kohl-Gremling*











*Fotoen: René Kleman*






# Vum Bësch an d'Glas



Och dëst Joer hu mir zesummen an de Bëscher ronderëm Beschruedt a Groussbus vill flott Stonnen verbruecht. Iwwer e puer Wochen hu mir déi aromatesch wëll Molbeeren eenzel mat der Hand gepléckt – eng ustrengend, awer schéin Traditioun, déi vill Gedold a Suergfalt verlaangt.



Beim Sammelen hat de Respekt virun der Natur ëmmer déi héchst Prioritéit. D'Planze goufe geschount an nëmmen déi reif Beere gepléckt, fir datt och an de kommende Joren nach vill Molbeeren an eise Bëscher wuessen.



Direkt nom Plécke gouf d'Molbeer zu engem feinen, hausgemaachte Gebeess verschafft. Sou ass aus de Friichte vun eise Bëscher e regionale Genoss entstanen, deen de Goût an den Aroma vun eiser Natur an all Glas erëmspigelt.

*Vum Bësch an d'Glas – mat vill Häerz, Gedold a Léift fir eis Natur.*

*Ginette & Jean-Pierre Tholl*

Aus eiser Natur – e Genoss! ♡





# Diplomiwwerreechung Musikschoul Kanton Réiden



Den 13. Juli war d'Diplomfeier vun der Réidener Musekschoul, déi dëst Joer an der Sportshal zu Biekerech stattfonnt huet. E ganz besonnesche Moment am Schouljoer fir d'Schüler*innen déi am Mëttelpunkt stoungen. Hir Aarbecht, hir Ausdauer an hir musikalesch Entwécklung goufen hei gewierdegt. Gläichzäiteg war et och eng Geleeënheet fir eis Schoul, sech nach eng Kéier ze weisen: Eisen MKR-Orchester huet fir de musikalesche Kader gesuergt an dëse festleche Moment begleet.






















*Text: Musikschoul Kanton Réiden*
*Fotoen: Charles Reiser*




## Orientierung, Ausbildung, Arbeit

# Kein Job? Keine Lehre?



Ariane Toepfer
Coach

Die **Gemeinde Grosbous-Wahl** unterstützt gemeinsam mit **Youth & Work** junge Menschen dabei, den Weg in Ausbildung, Arbeit oder in eine Orientierung zu finden.

Das Angebot richtet sich an 16- bis 29-Jährige und ist kostenlos, vertraulich und freiwillig.

Wenn Schule stresst, Probleme zu Hause oder im Freundeskreis belasten oder die Orientierung fehlt, kann der Einstieg ins Berufsleben schnell ins Stocken geraten.
Viele Jugendliche geraten in eine Frustspirale aus Absagen, fehlender Erfahrung und wachsender Perspektivlosigkeit.

Hier setzt Youth & Work an: Mit persönlichem Coaching, individueller Begleitung und guten Kontakten zu Betrieben und Institutionen. Auch nach längerer Arbeitslosigkeit gibt es realistische Chancen. Jedes Jahr profitieren Hunderte junge Menschen von diesem Coaching, insgesamt bereits über 3.800.

👉 **Neugierig geworden?**
**Du möchtest mehr wissen?**
**Lerne uns unverbindlich kennen.**

**Terminanfrage:**

**Ariane Toepfer**

**11, Grand-Rue**
**L-8510 Redange**

**ariane.toepfer@youth-and-work.lu**

**T 621 250 383 / 26 62 11 41**

**www.youth-and-work.lu**













www.fairtradegemeng.lu / 2026

# EIS GEMENG ËNNERSTËTZT DE FAIREN HANDEL




Le mouvement Fairtrade soutient plus de 2 millions de producteurs et travailleurs agricoles répartis dans 67 pays en Afrique, Asie-Pacifique, Amérique latine et aux Caraïbes

## 38 AU LUXEMBOURG, UN RÉSEAU MONDIAL

Notre commune fait partie des 38 communes au Luxembourg qui s'engagent pour le commerce équitable dans le cadre du programme Fairtrade Gemeng.

Par nos achats et nos actions de sensibilisation, nous soutenons un commerce plus juste pour les producteurs et travailleurs du Sud global. Nous faisons ainsi partie des 4 942 initiatives Fairtrade Towns à travers le monde qui œuvrent pour un avenir plus équitable.

Vous êtes 446 128 résidents luxembourgeois à vivre dans une commune Fairtrade. Ensemble, par une consommation responsable, équitable et durable, faisons de notre force collective un levier pour le respect des droits humains et de l'environnement.



Scannez le code pour voir la carte des communes Fairtrade du Luxembourg

**Mir maache mat!**

## LOCAL CHANGE FOR A GLOBAL FUTURE

The International Fair Trade Towns Conference is coming to Belgium. From 9 to 11 October 2026, join actors from around the world to exchange ideas, get inspired, and strengthen fair trade together. On the programme: conferences, workshops, field visits, and inspiring encounters around the theme "Local Change for a Global Future".

Every year the conference brings together campaigners, activists, volunteers, policy makers, organisations, enterprises and communities from around the world to plan together to strengthen the global fair trade movement.



**BOOK YOUR PLACE NOW**
AND BE PART OF THE MOVEMENT!
WWW.IFTTC2026.BE

natur&ëmwelt
Kanton Réiden



# Wat séngt dann do?
# Vullestëmmecours fir Ufänger

Beim Brutvullenatlas den natur&ëmwelt 2027 start, ass d'Erkenne vu Vullestëmmen essentiel. Dofir organiséiere mir, komplementär zur nationaler Ornithoformatioun op der Kockelscheier, e Vullestëmmecours vun 12 Seance fir Ufänger.

D'Zil ass et d'Stëmme vun denen 50 heefegsten Aarte kennen ze léieren - mat klenge Präsentatiounen a ville Quizen.

D'Coursë si gratis a fanne jeeweils vun 19 bis 21h u follgenden Deeg zu Kaalmes an der Aler Molkerei statt:

**20. Oktober 26**
**27. Oktober 26**
**10. November 26**
**17. November 26**
**1. Dezember 26**
**8. Dezember 26**
**15. Dezember 26**
**5. Januar 27**
**12. Januar 27**
**19. Januar 27**
**26. Januar 27**
**2. Februar 27**

Umelle bis spéidstens den 1. Oktober 26 mat Mail u fernschoos@gmail.com

Ënnert dem Patronage vun der Gemeng Sëll

natur&ëmwelt
Kanton Réiden

# Rettet den Kiebitz – Neue Feuchtgebiete für Mensch und Natur!



Der Kiebitz (lux. Piwitsch) war vor Jahrzehnten ein häufiger Durchzügler und Wintergast im Kanton Redingen. Im Raum Rippweiler z.B. konnte man im Herbst oft Trupps von mehreren hundert Kiebitzen beobachten. Bis etwa 1990 brütete diese Feuchtwiesenart noch in vielen Gemeinden, doch mittlerweile gehört diese Vogelart zu den seltensten in Luxemburg. In der Gemeinde Beckerich ist heute das „größte" Vorkommen des Landes mit 6-7 Paaren – der Gesamtbestand dürfte etwa ein dutzend Brutpaare umfassen. Kiebitze sind etwa taubengroß und gehören mit einem Gewicht von 200 Gramm zu den großen Watvögeln, den sogenannten Limikolen. Auffallend ist die kontrastreiche Färbung des Federkleids und die Federholle auf dem Kopf. Seinen Namen verdankt er seinem Ruf „kie-witz" oder „pie-wit".



Zusammen mit dem Kiebitz sind oft weitere Vogelarten der Feuchtgebiete vergesellschaftet, etwa die Schafstelze, die Bekassine oder die Krickente. Diese Arten sind alle auf nasse Wiesen mit schlammigen Flächen angewiesen, die zumindest im Frühjahr überstaut sind. Alle diese sogenannten Offenlandarten meiden Landschaften mit Hecken und Bäumen, da sie hier herannahende Feinde nicht rechtzeitig erkennen.

Der Kiebitz und viele weitere Arten nasser Standorte sind durch die Zerstörung der Feuchtgebiete sehr selten geworden: im letzten Jahrhundert wurden über 80% der Feuchtgebiete in Luxemburg zerstört, darunter auch viele Flächen im Kanton Redingen. Die Gefährdung der Biodiversität und die Gefahr durch Extremwetterereignisse zwingen zum Umdenken. In den nächsten Jahren müssen daher Feuchtgebiete, die gleichzeitig als Retentionsräume dienen, in größerem Umfang wiederhergestellt werden – für den Menschen und die Biodiversität! Die Kombination von Klimaanpassung und Schutz der Artenvielfalt lässt sich so in vielen Fällen sehr gut kombinieren – wir hoffen auf engagierte Gemeinden in unserem Kanton.



Das Feuchtgebiet Az in der Gemeinde Beckerich ist ein gutes Beispiel für die Kombination von Hochwasserschutz und Naturschutz

Text und Fotos: Manon Braun & Fernand Schoos

Weitere Infos auf Facebook natur&ëmwelt Kanton Réiden

Section Canton de Redange 8, rue d'Everlange L-.8707 Useldange - tel. 23 630 622 compte postal LU82 1111 0528 6193 0000


Just e Koup Steng?
Et ass och e Refuge fir vill Déierenaarten!
Eidechsen
Insekten
Kleng Mamendéieren
Spannen
Amphibien
Weechdéieren
Schutz
Narung
Hëtzt
Reproduktioun
Wéi leet een en naturfrëndleche Steekoup un?
Wielt eng roueg a sonneg Plaz, ëmgi vu Gréngs.
Benotzt lokal Steng a verschiddene Gréissten an onreegelméissege Formen.
D'Steng locker opschichten, sou datt vill Huelräim entstinn.
Net ze vill "opraumen": Blieder a wëll Planze sinn nëtzlech.
Gutt Beispiller:
Net gëeegent:
DRÉCHEMAUER
Souwuel schéi wéi och praktesch: grenzt e Beräich of a bitt villen Aarten eng Stopp.
NATURSTEEKOUP
Onopfälleg an einfach, awer effikass: bitt Schutz a fërdert d'Biodiversitéit.
SCHOTTERGAART
Eng glat, waarm, dréchen a steril Uewerfläch. Keen Habitat, kee Schutz, kee Liewen.
Dat ass keen naturfrëndleche Steekoup!
Loosst eis dës Refugen erhalen!
D'Steng net beweegen, mee ronderëm goen.
Ëmweltberodung Lëtzebuerg a.s.b.l.
EbL ebl.lu / info@ebl.lu
GROUSSBUS-WAL
MÉI INFOS

# AIRE DE COLLECTE POUR LES DECHETS VERTS

## Comment bien trier ?

Sur les aires de collecte locales, les déchets verts sont triés en trois catégories.
Trouvez ci-dessous la liste des déchets acceptés pour chaque catégorie :

### 1. Branchages

- ✓ Petites et grandes branches
- ✓ Branches avec des feuilles
- ✓ Taille de haies
- ✗ Gazon
- ✗ Terre et pierres
- ✗ Feuilles détachées
- ✗ Mauvaises herbes
- ✗ Herbes hautes

### 2. Déchets de jardin

- ✓ Gazon avec feuilles
- ✓ Gazon avec mauvaises herbes
- ✓ Herbes hautes
- ✓ Bois broyé
- ✓ Haies persistantes
- ✓ Mousse
- ✓ Fleurs
- ✓ Feuilles
- ✓ Mulch (provenant de particuliers)
- ✓ Autres déchets végétaux
- ✗ Terre et pierres

### 3. Tonte de gazon


- ✓ Tonte de gazon
- ✗ Gazon avec terre
- ✗ Gazon avec feuilles
- ✗ Gazon avec mauvaises herbes
- ✗ Herbes hautes

**Non acceptés sur l'aire de collecte :**

- Terre / *doit être déposée dans les déchets de construction*
- Mulch provenant des aires de jeux publiques / *doit être déposé dans les encombrants*
- Sciure / *doit être déposée dans les encombrants*
- Racines / *Veuillez contacter le SIDEC.*

**Que fait-on de vos déchets verts ?**
La tonte de gazon est utilisée pour produire de l'énergie dans une installation de biogaz. Les déchets de jardin sont transformés en compost et les branches en compost et en bois broyé.

SIDEC




# Helfen Sie mit!
# *Participez et contribuez !*

## Helfen Sie beim Arten- und Biotopschutz in Ihrer Gemeinde!

Blumenwiesen sind ein Hingucker für Jedermann. Naturnahe Weiher bieten zahlreichen Amphibien, Wasservögeln und aquatischen Pflanzen ein Zuhause. Streuobstwiesen sind für Fledermäuse und den Steinkauz unverzichtbar. All diese Lebensräume sind bedeutende Nahrungsquellen und Rückzugsorte für zahlreiche Insekten und andere Tiere.

Um diese Lebensräume zu erhalten, ist eine angepasste, extensive Bewirtschaftung notwendig. Da sie immer seltener werden, ist eine Wiederherstellung dringend erforderlich. Staatliche Förderprogramme wie der „Klimabonus Mouer a Wiss“ unterstützen diese Bemühungen.

**Sie möchten zur Erhaltung unserer heimischen Pflanzen- und Tierwelt beitragen und besitzen ein Grundstück, das Sie dem Naturschutz zur Verfügung stellen möchten?**

**Das Naturschutzsyndikat SICONA kann Ihnen mit der Finanzierung durch Ihre Gemeinde und des Umweltministeriums kostenlos eine artenreiche Blumenwiese, ein naturnahes Gewässer oder eine Streuobstwiese in der Grünzone anlegen. Melden Sie sich gerne bei uns per E-Mail oder Telefon: administration@sicona.lu - 26 30 36 25**

Weitere Informationen auf sicona.lu
Das Naturschutzsyndikat SICONA besteht aus 44 Mitgliedsgemeinden im Südwesten und Zentrum Luxemburgs. Ziel von SICONA ist die Erhaltung der heimischen Biodiversität. Pflegearbeiten und Renaturierungen von naturnahen Lebensräumen sind Schwerpunkte der Arbeit von SICONA.





## Participez à la protection des espèces et biotopes dans votre commune !

Les prairies fleuries sont de véritables petits paradis et les zones humides constituent des habitats précieux pour les amphibiens, oiseaux et plantes aquatiques. Par ailleurs, les vergers sont essentiels pour les chauves-souris et chouettes chevêches. Tous ces habitats constituent des sources de nourriture et abris pour de nombreux insectes et autres animaux.

Une exploitation adéquate et extensive est indisponsable à la préservation de ces habitats qui sont de plus en plus rares et dont la renaturation est une urgence. Les programmes d’aides publics, tel que « Klimabonus Mouer a Wiss », encouragent ces efforts.

**Vous souhaitez vous engager pour la sauvegarde de nos plantes et animaux indigènes et vous êtes propriétaire d’une surface que vous aimeriez mettre à disposition de la protection de la nature ?**

**Le Syndicat intercommunal pour la conservation de la nature SICONA peut vous aménager gratuitement avec l’aide financière de votre commune et du ministère de l‘Environnement, du Climat et de la Biodiversité une prairie fleurie, un plan d’eau naturel ou un verger en zone verte. Contactez-nous par courriel ou par téléphone : administration@sicona.lu - 26 30 36 25**

Plus d’info sur sicona.lu
Le Syndicat intercommunal pour la conservation de la nature SICONA regroupe 44 communes membres situées au sud-ouest et centre du Luxembourg. L‘objectif consiste à préserver la biodiversité locale. Les travaux d‘entretien et la renaturation d‘habitats naturels sont au coeur du travail de SICONA.







# Geseemsmëschungen fir Lëtzebuerg

aus zertifizéiertem regionalem Ubau

# Mélanges de semences pour le Luxembourg

issues de cultures régionales, certifiées

**Et ass nees Zäit fir Blummewisen unzeleeën. Besuergt Iech elo déi passend LUX-Mëschung!**

C'est à nouveau le moment de semer. Optez dès maintenant pour un mélange LUX adapté à votre jardin !

Wëllplanzesom Lëtzebuerg

## Blummewise fir méi Biodiversitéit

### Des prés fleuris pour plus de biodiversité

D'Uleeë vun aarteräiche Blummewisen hëlleft d'Vilfalt vun eisen Insekten ze erhalen andeems se Liewensraum a Fudderreserven ubidden. Dofir ass et awer wichteg, Mëschungen mat heemesche Wëllplanzen aus zertifizéiertem regionalem Ubau vu *Wëllplanzesom Lëtzebuerg* ze benotzen.


L'aménagement de prés fleuris contribue à préserver la diversité de nos insectes en offrant nourriture et habitats à de nombreuses espèces. Il est donc important d'opter pour un mélange de semences composé de plantes sauvages issues de cultures régionales, certifiées de *Wëllplanzesom Lëtzebuerg*.

**Fir Flächen an den Dierfer a Stied stinn follgend Mëschungen zur Verfügung:**


Pour les surfaces dans le milieu urbain, les mélanges suivants sont disponibles :




Blumenwiese
Prairie fleurie




Bunter Saum
Bande fleurie pour papillons



Blühender Schotterrasen
Pelouse fleurie en gravier




Fugenmischung
Joints fleuris



Schattsaum
Lisières arbustives

**Wou kann ee LUX-Mëschunge kafen?**
**Où trouver les mélanges LUX ?**




Kaartegrond: BD-Top © Administration du Cadastre et de la Topographie, Luxembourg.

Weider Informatiounen fannt Dir op –
plus d'informations sur
wellplanzen.lu

*Wëllplanzesom Lëtzebuerg* est financé par le Ministère de l'Environnement, du Climat et de la Biodiversité et coordonné par SICONA.
*Wëllplanzesom Lëtzebuerg* gëtt vum Ministère fir Ëmwelt, Klima a Biodiversitéit finanzéiert a vum Naturschutzsyndikat SICONA koordinéiert.



# Rätsel

## Wéi heescht d'Kiermes an der Stad?

1) Schueberfouer

2) Kropemannsfest

3) Kiermes am Duerf

4) Piccadilly

## Wéi nennt een d'Fruucht vum Hieselter?

1) Hieselnoss

2) Buchaker

3) Eechel

4) Käscht

## Wat ass ee Kéiseker op Lëtzebuergesch?

1) Deckelsmouk

2) Igel

3) Kaweechelchen

4) Méck

## Wou fënnt een dës Fresk?

1) Kéiber am Festsall

2) Campus Nei Brasilien

3) Gîte zu Randschelt

4) Groussbus an der Kierch



## Wéi heescht den Tourist Info vum Réidener Kanton?

1) Tourist Info Wëlle Westen

2) Syndicat intercommunal Kanton Réiden

3) LCTO

4) SICONA

## Wéi vill Awunner huet Kéiber?

1) 17

2) 1082

3) 470

4) 115

## Wéi et funktionnéiert:

Dir kritt 6 Froen, an zu all Fro ginn et 4 Äntwerméiglechkeeten (nummeréiert vun 1 bis 4).

- Schreift d'Zuel vun der richteger Äntwert an d'Kaas vun der passender Fro (1, 2 ,3 oder 4)
- Wann all Äntwert notéiert ass, ännert d'Zuelen an d'Buschtawen, wéi follegt, ëm:
  *1 gëtt zu "**E**"* *2 gëtt zu "**C**"* *3 gëtt zu "**H**"* *4 gëtt zu "**L**"*
- D'Buschtawen, déi aus den Zuelen entstinn, erginn d'Léisungswuert vum Rätsel
- Schéckt eis d'Léisungswuert mat Äre Coordonnée (Numm, Adresse, Telefon) bis den 09.10.2026 op buet@g-w.lu

De Gewënner gëtt ausgeloust a kritt e Bong am Wäert vu 35,00 € vun der Réidener Spënnchen geschenkt.

## LEISUNGSWUERT

1 = E

2 = C


3 = H

4 = L

# KANNERSäIT

**Den Hierscht ass do**

D'Käschte déi rullen hin an hier..
D'Käschten déi rullen hin an hier.
Se rullen no hei, se rullen no hier.
Blieder déi danze ronderëm am Wand.
Se dréinen a wackelen wei geschwand.
Eechelen déi hopsen 1, 2, 3.
Se tapsen an sprange ronderëm dobei.
De Reen dee plätschert klap klap klap.
Drëpsen um Buedem hops hops hops.



# Etat civil







**Hochzäiten**
Corti Vincent – Frantz Conny (3.6.2026, Wahl) (Foto uewen lënks)
Laberger Mathieu – Schuh Jessica (18.6.2026, Grosbous) (Foto uewen riets)
Schoos Gary – Habets Jenny (26.6.2026, Grosbous) (Foto ënnen lënks)
Welter Tissen Philippe – Grasges Véronique (26.6.2026, Heispelt) (Foto ënnen riets)
Staar Jean-Luc – Lopes Paiva Sandy (3.7.2026, Grevels)
Morais Da Cunha Patrick – Goergen Vanessa (10.7.2026, Wahl)
Biersbach Chris - Holz Kerstin (28.8.2026, Grosbous)

**Nei Äerdebierger**
Henrique Kousmann Jayden Jasper (29.5.2026, Dellen)
Conrad Rick (1.6.2026, Wahl)
Thiriart Emilie (12.6.2026, Wahl)
Baptista Faria Lucas (16.6.2026, Grosbous)
Schintgen Saya (21.6.2026, Grosbous)
Morhard Ribeiro Lio (13.7.2026, Grosbous)
Martins Alma (21.7.2026, Grosbous)

**Et hunn eis verlooss**
Pletschette Fernand (14.6.2026, Grosbous)
Flammang Margot (1.7.2026, Grevels)
Ney Jean (7.7.2026, Wahl)

**Umierkung**
All Hochzäiten, Gebuerten a Stierffäll aus der Gemeng ginn an dëser Rubrik publizéiert. Wann Dir am Fall sidd a net averstane sidd, sot eis w.e.g. Bescheed um Telefon 20 358-100 oder per E-mail op buet@g-w.lu.


2,0 Promill
op der Trottinett ?
25
Natierlech net!
POLICE
LËTZEBUERG
All d'Reegele ronderëm
d'E-Trottinett fënns du hei





# Kontakt an Ëffnungszäiten

**Administration communale de Groussbus-Wal**
**1, rue de Bastogne L-9154 Grosbous**

**Bureau de la population (Biergerzenter) et Service état civil:**
7, Rue de Buschrodt L-9155 Grosbous
Tel: 20 358-100
population@g-w.lu
etatcivil@g-w.lu

Carole Weber, expéditionnaire
Tel: 20 358-101
Julie Schreiber, rédacteur
Tel: 20 358-102
Pol Diederich, rédacteur
Tel: 20 358-103

Heures d'ouverture:
lundi, mardi et jeudi de 08:00 à 12:00 heures,
mercredi de 14:00 à 18:30 heures
Sur rendez-vous jeudi de 14:00 à 17:00 heures et vendredi 08:00 à 12:00 heures

**Service Communication:**
32, Rue Principale L-8838 Wahl
Charline Lebrun, rédacteur
Tel: 20 358-104

**Recette communale et Service Facturation:**
32, Rue Principale L-8838 Wahl
Tel: 20 358-200
recette@g-w.lu

Marc Ernster, receveur
Tel: 20 358-204
Monique Klees, rédacteur
Tel: 20 358-205

Heures d'ouverture: sur rendez-vous

**Secrétariat communal:**
32, Rue Principale L-8838 Wahl
Tel: 20 358-200
secretariat@g-w.lu

Marc Pletschette, secrétaire communal
Tel: 20 358-201
Jennifer Bodevin, rédacteur
Tel: 20 358-202

Heures d'ouverture: sur rendez-vous

**Service technique:**
32, Rue Principale L-8838 Wahl
7, Rue de Buschrodt L-9155 Grosbous
Tel: 20 358-300
technique@g-w.lu

Serge Fonck, chargé d'études dirigeant
Tel: 20 358-301
Pit Entringer, chargé technique
Tel: 20 358-303
Steve Beckers, rédacteur
Tel: 20 358-302
Bruno Andrino, expéditionnaire
Tel: 20 358-304

Heures d'ouverture: sur rendez-vous

**Atelier communal:**
7, Rue de Buschrodt L-9155 Grosbous
Tel: 20 358-330
atelier@g-w.lu
Tel. Service eau: 20 358-331
Tel. Salles et fêtes: 20 358-332
Tel. Permanence: 20 358-333 (uniquement en cas d'urgence)

